



An der vieregter Period vun dësem Gesetz goufen effektiv 61 Projekte mat ongeféier 52 Milliounen Euro subventionéiert. Mat dem neie Gesetz, dat bis Dezember 2020 wäert gëllen, rechent de Stat, dass ee sech mat bis zu 125 Milliounen Euro un Investissementen vun de Lëtzebuerger Entreprises wäert bedeelegen.

Här President, ech wëll nach just eng Käier ënnersträichen, dass dësse Projet zwee Haaptziler verfollegt. Éischtens, d'Hëllef sollen eis Entreprises effektiv ureegen, fir a ressourcëschounend an ekologesch Moosnamen ze investéieren. Doduerjer verbrauche si net nëmme manner Energie, mä si spueren Suen. Mä si ginn doduerjer och méi kompetitiv par rapport zu Entreprises, déi méi energieopwendeg, méi ressourcenopwendeg, also och méi deier, manner kompetitiv produzéieren.

Dat Zweet ass, dass eis Entreprises mat dësen Investissementen, déi se am Kader vun dësem Gesetz wäerten tätigen, dozou bäidroen, dass Lëtzebuerg och seng national Ziler a puncto Verréngerung vun den CO₂-Ausstéiss respektéiert souwéi seng international Klimaobjektiver fir 2030 erreeche kann.

Ech ginn elo wierklech net méi an d'Detailer an; de Rapporteur huet eis dat op eng ganz präzis Manéier virgestallt.

Ech wollt just betounen, dass d'Demokratesch Partei et ausdrécklech begréisst, dass nieft deenen Hëlfe, déi aus dem vieregte Gesetz iwwerholl goufen, och eng Rei nei Äiden agefouert goufen, dass keen Taux erfogsat gouf, mä der e puer souguer erhéicht goufen, an dass déi kleng a mëttelgrouss Betriber - dat ass jo nach ëmmer d'Majoritéit vum Tissu économique vum Land - nach ëmmer méi ënnert d'Äerm gegräff kréie wéi déi sougenannt grouss Entreprises.

Dës gesot, géif ech dann och den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Als nächste Riedner huet den Här Gérard Anzia d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här Persident. Léif Kollegeinnen a Kollegen, e grouss Merci un de Rapporteur Franz Fayot. Am Rapport ass alles detailléiert beschriwwen. Ech wäert déi Detailer och elo net hei nach eng Käier opzielen. An och an deem mëndlechen Deel ass jiddwerengem heibanne kloer ginn, ëm wat et geet.

Et geet ëm Bähëllef fir de Schutz vun der Ëmwelt, eppes, wat eis alleguerten um Häerz läit a virun allem eppes, wou elo, mengen ech, niewent dem Stat an de Gemengen, niewent de Privatle, niewent den Haushalter eben och Betriber gefuerdert sinn, sief et d'Industrie, sief et d'PME, awer och d'Handwerk. An duerfir mengen ech, dass dat heite Gesetz mat dëse Bähëllefen incitéiert, fir dass eben och an de Betriber am Sënn vun der Ëmwelt geschafft gëtt.

Et schreift sech an, an et ass scho gesot ginn, an d'Strategie, déi Europa sech ginn huet fir 2020, an de Regierungsprogramm vun dëser Regierungskoalitioun. Et schreift sech an an déi Engagementer, déi mer am Dezember 2015 op der COP21 geholl hunn, an et schreift sech och an an de Cadre d'action 2030, deen also e bësse méi wäit kuckt. Et geet also ganz kloer drëm, fir dem Klimawandel entgéintzewierken.

Dës Bähëllef sollen och virun allem Neies ustoussen, sollen nei Produktiounsaktivitéiten ervirbréngen an och bekannt Produktiounsweeër mat Hëllef veränneren. Déi nei Aktivitéiten, d'Ekotechnologie si schonn ugedéit ginn. Am Rifkin-Prozess gi se beschriwwen als eng méiglech Entwécklungsstrategie fir d'Lëtzebuerger Land. Duerfir ass et richtig a gutt, dass mer do iwwer 100 Milliounen Euro am Budget wäerte virgesi bis 2020, fir dës Moosnamen unzustoussen.

De Virriedner huet et gesot: Mir hu Bähëllefen an der Fuerschung. Mir hu Bähëllefen, déi hei elo drëm ginn, fir de Betriber direkt ze hëlfe. Et geet also drëm, Aarbechtsplazen ze sécheren, wat wichteg ass, well wann ech et fäerdegbréngen, méi ressourcëschounend ze produzéieren mat manner Energieasaz, mat manner Materialasaz, dann hëlleft dat, déi besteeënd Aarbechtsplazen ze sécheren, well ech mäi Produkt méi kompetitiv kann herstellen, an et entstinn duerch déi nei Ekotechnologien eben och nei, zukunftsfaeg Aarbechtsplazen.

Ëm wat geet et bei de Bähëllefen? Nëmme ganz kuerz.

D'Ressourcë méi effikass notzen. Do ass de Volet vum Offall, dem Recycling, awer och vum Notze vun den Decheten an de Betriber selwer, fir se erëm direkt ze valoriséieren als Matière première, wat e grouss Virdeel ka sinn, well

keng Offallkäschten entstinn, mä dat Material erëm direkt an d'Produktioun kann afléissen. An domat reduzéiere mer och den ekologesche Foussofdruck an de Betriber am Sënn vun der Économie circulaire, wat ënner anerem esou e gudden Uklang féint beim Handwerk an och bei de Betriber, well et och ekonomesch real Virdeeler huet.

Den zweete grouss Volet, dat sinn d'erneierbar Energien. Dat ass net eleng eng Aufgab vun de Gemengen, vum Stat a vun de Privatle. Do sinn och d'Betriber gefuerdert. Och Betriber hu grouss Diech, wann ech u Solarenergie denken, och Betriber hunn d'Méiglechkeet, erneierbar Energien an hir Produktiounsprozesser afléissen ze loosse, an et bitt och eng Méiglechkeet fir si, fir ze soen: „Meng Produktioun ass energie- oder emissionsneutral“, an domat gëtt dat och erëm eng Käier e Wettbewerbsvirdeel fir d'Betriber.

A mir hunn natierlech och en Zilwäert ze erfëllen als Lëtzebuerger Land: déi 11% erneierbar Energie bis 2020. An do brauche mer alleguerten d'Akteuren, fir zu deem Zil ze kommen. A wa mer vu Rifkin-Prozess schwätzen, mat enger Zilsetzung, déi méi wäit kuckt, bis 2060, mat 70% oder 100% erneierbaren Energien, da muss all Secteur säi Volet bei den erneierbaren Energie bäidroen, soss ass deen Ëmschwong an der Energieproduktioun net denkbar.

Mir haten d'virlescht Joer, wann ech mech richtig erënneren, schonn e Reglement hei, eng europäesch Direktiv ëmgesat an e Gesetz gestëmmt, wat d'Betriber zu méi Effikasitéit zwéngt, an zwar déi, déi d'Energie verdriewen. An dat ass och ee Volet, deen hei am Gesetz mat weiderkënnt: dass u sech den Endverbraucher probéiert, méi Effizienz a seng Energienutzung eranzekréien. All Energie, déi ech net brauch, brauch ech och net ze bezuelen. Duerfir geet dat an d'Kompetitivitéit vun de Betriber mat eran.

Eis Gréng schéngt et och wichteg, dass eben eng Ofstufung hei geschitt an dass net, wéi dacks gesot gëtt, d'Handwerk vergiess ass. Et ass ganz kloer, dass hei eng Grondbasis bei allen eenzelne Bähëllefen - ech ziele se net nach eng Käier all op -, e Grondtaux do ass an dass u sech déi petites Entreprises bis zu 20% méi Subside kënne kréien, also all déi Betriber, déi ënner 20 Leit beschäftegen, an och bei de moyennes Entreprises gëtt et en Top-up vun 10% bei de Bähëllefen. An dat weist jo grad, dass dës Regierung och wëllt d'Handwerk an déi mëttel Betriber ënnerstëtzen an hiren Demarchen, fir sech kompetitiv opzustellen.

Duerfir, mir sinn all gefuerdert, léif Kollegeinnen a Kollegen - Stat, Gemengen, Privat-haushalter, Betriber -, fir den Challenge vum Klimawandel unzegoen. An eis Gréngen ass et wichteg, dass herno dat Ganzt endlech a konkreten Aktiounen um Terrain geschitt; an net nëmmen deenen um Pabeier. Doru wäerte mir gemooss ginn an duerfir sti mir och als Gréng an. An duerfir ginn ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Mir stëmmen als ADR dësse Projet, dee finanziell Hëllef fir eis Betriber virgesäit, net ouni Bauchwéi, aus zwou Ursachen:

Déi éischt Ursach läit bei de Klimaziler, wou mir denken, datt déi, wéi se definéiert gi sinn, onerreechbar sinn. Mir ënnerstëtzen all Efforten zum Klimaschutz an zur Energieaspuerung, mä mir denken, datt utopesch Ziler ze fixéiere weder eisem Land nach dem Klima schlussendlech hëlleft.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Hei wär einfach méi Realismus néideg.

Dat Zweet, dat ass, datt wéi esou oft verpasst gouf, eng Simplification administrative ze maachen. Mir hunn hei nees en Text, wou eng schrecklech bürokratesch Prozedur virgesinn ass, déi zwee Ministären an eng Commission consultative implizéiert. An dorobber hunn och esouwuel d'Chambre de Commerce wéi d'Chambre des Métiers mat Recht higewisen.

Simplification administrative bleift schlussendlech soulaang en eidelt Wuert, wéi d'Auteurs vu Gesetzesprojeten an in fine och mir hei an der Chamber net ëmdenken. Et geet net drëm, de Verwaltungen d'Liewe méi einfach ze maachen, mä de Mënschen dobaussen, de Bierger an de Betriber. An dat ass hei alt nees eng Käier versäumt ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Mir sinn um Enn vun der Riednerlescht

ukomm. An d'Wuert huet elo den Här Wirt-schaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Jo, Merci, Här President. Fir d'Alleréischts wëll ech dem Rapporteur, dem Franz Fayot, villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport an och fir seng Aarbecht an der Kommissioun, fir dass mer dee Projet hei duerchkréien. Ech mengen, dass et e ganz wichteg Instrument ass, wat mer dem Land hei ginn, fir ebe just eis Betriber ze encouragéieren, hir Ressourcen an och hiren Energieverbrauch vill méi rationell kënnen an Zukunft ze notzen, fir den Ëmwelt-impakt och vun hiren Aktivitéiten ze reduzéieren.

Et ass also e Projet, dee sech ganz kloer areit an de Kader vun der Nohaltegkeet, vun den erneierbaren Energien a vun der Energieeffizienz. An deemno ass et e ganz wichtige Projet, fir ebe genee dat ze maachen, wat mer jo zënter enger Zäit hei och am Kader vun der Rifkin-Debat diskutéieren: näämlech Weeër fannen, wéi mer eben eise Wirtschaftswuesstum an Zukunft méi nohalteg kënne gestalten.

Duerfir Iech alleguerten hei e grouss Merci, zumindest emol all deenen, déi de Projet de loi hei wäerte matstëmmen. E grouss Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Minister.

Da kënne mer och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6855 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6855 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59-mol Jo, keng Abstentiounen a keen Neen, also Unanimitéit vun deene Kollegeinnen a Kollegen, déi ofgestëmmt hunn.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6855 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Léon Gloden), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da bräicht ech jo wuel d'Fro no der Dispens net ze stellen, maachen et awer: D'Dispens, ass dat an der Rei?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet iwwer. Dat ass de Projet de loi 7060, deen eng ganz Rei vun Neierungen a Verbesserungen, Annerunge bei de Congé-spécialle bréngt fir Familjen, ënner anerem och beim Pappennurlaub.

(Interruptions)

Ech soen näischt.

An d'Wuert huet d'Rapportrice, déi honorabel Madamm Taina Bofferding.

(Interruptions)

4. 7060 - Projet de loi portant modification

1. du Code du travail;

2. de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail, et abrogeant

3. la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Jo, wann hie fäerdeg ass, brauch ech de Rapport net méi ze halen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Oh, ech hat dee scho viru 15 Joer gemaach!

(Interruptions et hilarité)

► **Mme Taina Bofferding (LSAP), rapportrice.** - Gutt, dass mer dat elo gekläert hunn!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetz hei ënnerstëtze mer haapt-sächlech schaffend Elteren. Mir suergen derfir, dass d'Eltere Beruff a Famill besser ënner een Hutt kréien. Mir erméiglechen hinne méi Zäit a Flexibilitéit, besonnesch wann hiert Kand krank ass, a mir kommen der Chancëgläicheet e gutt Stéck entgéint.

No der Reform vum Congé parental stinn elo weider Reformen un. Et geet ëm d'Neistrukturierung vum sougenannte Familljecongé duerch méi e flexibele System, deen et den Elteren erlaabt, sech besser ëm hir Kanner am Krankheitsfall ze këmmen. Et geet och ëm d'Verlängerung vum Congé postnatal vun aacht op zwielef Wochen an et geet ëm d'Neistrukturierung vun de Congé-extraordinaires, wéi zum Beispill dem sougenannte Pappécongé fir d'Gebuert vu sengem Kand.

Dat alles ass e gutt Signal fir d'Familjen hei am Land, well dovunner profitéieren d'Elteren a ganz besonnesch och d'Kanner. Mir gi weider a Richtung vun enger moderner Familljepolitik.

Dës Changementer passen och ganz gutt an d'Gesamtkonzept vun der neier Ausrichtung vun der Familljepolitik, déi an de leschte Joren aktiv bedriwwen gëtt. An der Regierungserklärung gouf sech drop gëeent, d'Familljepolitik un déi haiteg Besoine vun de Familjen unzepassen, konkret Mesuren ze schafen, fir d'Elteren domadder geziilt ze ënnerstëtzen. Dës leien ëmmer d'Richtlinn vun der Chancëgläicheet, der Sozialofsécherung vun de schaffenden Elteren an d'Wuel vum Kand zugronn.

Mat dëse Reformen haut wäerte mer weider d'Konditiounen verbessern, fir dass d'Elteren, d'Partner sech kënnen zesummen a gutt ëm d'Kanner, de Stot, awer och ëm de Beruff këmmen. Ewech vun der konservativer Approche mat der iwwerlieferter Rolleverdeelung hin zu enger moderner Familljepolitik, déi sech un déi haiteg Liewensrealitéite vun all de Familjen upasst: Dat ass d'Essenz, an net, wéi de Majoritéitsparteien ëmmer erëm virgeworf gëtt, de Familjen e bestëmmte Liewensmodell wëllen opzezéien respektiv den traditionelle Familljemodell wëllen ze diskreditéieren.

Villméi brauchen Eltere konkret Mesuren, mat deene si hiert Privatlieue besser mam Beruff kënne verbannen. A genau dofir maache mir als Legislatuer déi verschidde Reformen. Fir eng seriö Familljepolitik ze maachen, dierfe mer keen - wéi soss an der Vergaangenheet - ideologeschen Discours féieren, mä mir mussen dorobber lauschten, wat d'Eltere wëllen, wat si an hir Kanner brauchen.

Eltere wëlle méi Zäit mat hire Kanner verbréngen a verlaange vun der Politik méi Ënnerstëtzung, fir d'Privat- mam Berufsliewe besser openeenofzestëmme. A genau dat gouf och elo gemaach: op d'Besoin vum den Eltere gelauscht, woufir dann elo de Congé pour raisons familiales reforméiert gëtt.

Domadder kommen ech dann och direkt zum éischte Punkt, der Neistrukturierung vum Congé pour raisons familiales. Dat ass dat Recht, dat Elteren hunn, fir doheem bei hirem kranke Kand ze bleiwen, wann den Zoustand vum Kand d'Präsenz vum engem Elterendeel verlaangt. Et ass wichteg, dësen anescht ze strukturéieren.

Aktuell huet all Elterendeel zwee Deeg d'Joer zegutt, wann d'Kand ënner 15 Joer krank ass. Schonns laang reegen Eltere sech op, dat zu Recht, dass déi zwee Deeg net duerginn an d'Handhabung vill ze vill rigid ass. A grad wann d'Kanner nach méi kleng sinn, gi si och méi oft krank.

Ech erënneren hei och un eng Petitioun aus dem leschte Joer, wou mer en Débat public hatten, wou mer genau dës Kritikpunkten och erëm ze héieren kruten. Elo soll eng méi flexibilitéit Form den Elteren hëlfe, sech besser kënnen ze organiséieren wéi mat där aktueller starrer Form vun zwee Deeg pro Joer.

D'Reform gesäit vir, dësse Congé dem Alter no ze staffelen. Fir e Kand vun 0 bis 4 Joer huet een Elterendeel insgesamt 12 Deeg zegutt. Bei engen Kand tëschent 4 bis 12 Joer sinn et insgesamt 18 Deeg. An nei ass, dass och fir e



Kand vun 12 bis 18 Joer 5 Deeg Congé accordéiert kënnen ginn, wann d'Kand muss an d'Spiddol goen. Ënnert dem Stréch ginn et also liicht méi Deeg, insgesamt 35, géigeniwwer den aktuellen 30 Deeg.

Verbesserunge kréien d'Elteren duerch d'Flexibiliséierung. Wann een Elterendeel an engem Joer keen Dag gebraucht huet, stinn him déi Deeg an deem Joer duerno innerhalb vun der Alterstranche nach ëmmer zou. Dat heescht, si entfalen net automatesch, wéi dat haut de Fall ass. Der Tatsaach, dass kleng Kanner méi oft krank ginn, gëtt och domadder Rechnung gedroen.

Dës Reform, sou kann een et, mengen ech, kloer soen, kënnst hei de Besoin vum de Familljen entgéint.

E Problem, iwwert dee mer an der Diskussioun méi laang diskutéiert haten, ass dee vun den Elengerzéier. Wann deen een Elterendeel aus wéi engem Grond och ëmmer sech net kann ëm d'Kand këmmen, wann et krank ass, oder deen aneren Elterendeel och soss op keng Hëllef aus sengem Entourage kann zréckgräifen, ass dat onmoosseg schwier, esou Situatiounen ze geréieren.

Eng Iddi wier gewiescht, dem elengerzéien Elterendeel de Familljecongé ze verduebelen. Nun ass et awer esou, dass dëst Recht awer all Elterendeel, also deenen zwee zousteet. An eiser Legislatioun gëtt och ëmmer méi Wäert drop geluecht, dass béid Elterendeeler responsabaliséiert ginn a sech zesummen ëm hirt Kand këmmen, och wann dës getrennt liewen. Ech verweisen hei och op de Projet de loi zur Autorité parentale conjointe.

Mir wëssen awer och, dass déi gutt gemengt theoretesch Praxis net ëmmer där geliefter Praxis entsprécht. Däers si sech och déi staatelech Administratiounen bewosst an erlabe bei der Interpretatioun e gewëssene Spillraum, wéi aus enger Nott vun der IGSS un d'CNS ervirgeet. Dat heescht, dass och an esou Fäll, wou et en neie Partner am Menage gëtt, och dee kann asprangen, wann dem Partner säi Kand krank ass. Dat heescht zum Beispill, dass de Stéifpapp ka fräigestallt ginn, fir doheem beim kranke Kand ze bleiwen.

Dir wäert lech vläicht elo froen, firwat mer dat net direkt an d'Gesetz schreiwen. Dat ass net esou ganz einfach, fir dat juristescht festzeleeën, fir hei déi richteg Termen ze fanne fir all déi eenzel Fäll, déi sech haut nun eemol stellen, fir déi alleguerten ze couvréieren. Dat wäerte mer nach spéider bei engem anere Beispill leider musse feststellen.

Weider hat den urspréngleche Projet de loi virgesinn, dass d'Zuel vun den Deeg proportional géif ausgerechent ginn zu der Zäit, wou een affiliéiert ass. Opgrond vun de Kritikken vum Statsrot, a well dat effektiv och schwierig ass ze rechnen, gouf dat fale gelooss. Fir d'Praxis nach wichteg ze wëssen ass, dass déi Deeg, déi elo schonns bannent enger Altersklass geholl goufen, vum Contingent an Zukunft wäerten ofgerechent ginn.

Här President, déi zweet Reform ass d'Neistrukturéierung vun de Congés extraordinaires. Heibäi handelt et sech ëm déi fräi Deeg, op déi e Salarié aus perséinleche Grënn Recht huet, wann en aussergewöhnlecht Ereegnis a sengem Liewe stattfënn. Dës goufen op de Leescht geholl, fir se den haitege Realitéiten unzepassen, wouropshi mat de Sozialpartner Folgendes verhandelt gouf:

Vu dass den obligatoresche Militärdéngscht ofgeschafft gouf, gëtt och net méi de Congésdag virun der Aberuffung gebraucht.

Beim Plënnere kritt een net méi d'office zwee Deeg fräi, mä eng Kéier zwee Deeg limitéiert op eng Period vun dräi Joer bei engem an deemselwechte Patron.

Weider kënnst et zu enger Erhéijung vun dräi op fënnf Deeg beim Stierfall vun engem manerjärege Kand. Dëst entsprécht enger Fuerderung vun der Stéftung „Kriibskrank Kanner“, fir hei konkret eben d'Elteren ze ënnerstëtzen, déi esou eng Tragedie leider musse matmaachen.

Beim Mariage vun hirem Kand kréien Elteren an Zukunft nach just een Dag fräi, beim Pacs kee méi. An d'Koppel selwer, déi sech bestuet, kritt amplaz sechs nach dräi Deeg fräi fir hir Preparativen a beim Pacs gëtt et nach just een Dag.

Wien elo gutt opgepasst huet, deem fällt op, dass vill Congésdeeg ewechfalen. Dat mécht ee scho stutzeg, wann een ebe gesäit, dass Acquis gestrach ginn. Et muss een awer och fairerweis soen, dass d'Zäite sech geännert hunn,

besonnesch wat déi administrativ Preparative fir de Mariage betrëfft. Déi fräi Deeg waren ursprénglech geduecht fir déi sëllegen Tester an Demarchen, déi beim Bestueden obligatoresch waren. Haut ass dat alles méi einfach an hält och manner Zäit an Usproch.

Beim Pacs dergéint war uganks guer kee Congé virgesinn. Well awer de Mariage op déi heterosexuell Koppele limitéiert war, gouf decidéiert, de Pacs ëmmer méi un de Mariage unzeleenen. Zënter dem Mariage pour tous, deen 2014 agefouert gouf, ass deen Alignement deemno hifälleg.

Déi verschidden Ännerunge bei dësem Congé goufen ënnert de Sozialpartner verhandelt. D'Resultat ass eben dat hei, wou verschidde Congéen, déi no hirem Ursprungsiddi net méi an deem Mooss néideg sinn, erof- an anerer substanzuell eropginn, wéi eben de Pappecongé, wou en Eropsetze längst iwwerfälleg ass. Dass e frëschgebakene Papp genausou vill Congé kritt wéi wann e plënnert, ass eng archaisch Regelung. Dës staamt aus enger Zäit, wou dem Papp seng Haaptroll déi war, Sue fir seng Famill ze verdéngen, a bei der Gebuert huet laut dësem Gesellschaftsbild seng exklusiv Aufgab doranner bestanen, d'Kand bei der Gemeng unzemellen an an deene meeschte Fäll duerno mat de Kolleegen dëst freedegt Evenement am Café ze feieren.

(Interruptions)

Am Sënn vun der Egalitéit war dat awer kloer net. Eng modern Familljepolitik geet anescht. Eng modern Familljepolitik steet fir Gläichberechtigung. D'Gläichberechtigung mengt, dass déi zwee, Mamm a Papp, oder ebe Papp a Papp oder Mamm a Mamm, dass si ebe gläich wäert sinn, dass d'Pappen elo hei ganz geziilt beim Pappecongé ebe vun Ufank un eng gläichberechtigt Roll bei der Kannerbetreuung kënnen iwwerhuelen. Virun allem an deenen éischten Deeg no der Gebuert sollen d'Elteren d'Méiglechkeet kréien, sech zesummen ëm hiren Nowuess ze këmmen.

Den urspréngleche Projet de loi huet virgesinn, de Pappecongé vun zwee op fënnf Deeg eropzesetzen. Nodeems zu Bréissel e Projet de directive op den Dësch koum fir zéng Deeg Pappecongé, huet de sozialisteschen Aarbechtsminister mam Accord vun deene meeschte Parteie proposéiert, direkt op zéng Deeg ze goen an domadder der Direktiv virze-gräifen. Trotz enger gewëssener Opreegung goufen d'Gesprécher nees opgeholl an et konnt sech dann och schlussendlech geeenegt ginn, dëst ënnert der Konditioun vum Patronat, dass de Stat déi aacht zousätzlech Congésdeeg bezilt. Dat ass dann elo wuertwäertlech de Präis, deen de Stat derfir bezilt. Et sinn 12 Milliounen pro Joer, gëtt geschat.

Dat gefält natierlech elo net jiddwerengem. Effektiv, finanziell gesi kommen d'Patronen och elo besser ewech, well beim urspréngleche Projet sollte si dräi Deeg bezuelen. Elo iwwerhëlt awer de Stat dat, mä accordéiere mussen d'Betriber awer elo dat Duebelt un deene Congésdeeg. Dat Wichtegst fir eis ass, dass schlussendlech en Accord konnt fonnt ginn an dass d'Pappen dann elo schlussendlech méi fräi Deeg fir d'Gebuert vun hirem Kand kréien. Dat war d'Fuerderung, déi un eis geriicht gouf, an déi gouf elo erfüllt.

Weider gouf och nach verhandelt a sech drop geeenegt, dass de Pappecongé flexibiliséiert soll ginn. Dat heescht, e ka fraktionéiert ginn. Déi zéng Deeg mussen net strikt, mä kënnen flexibel geholl ginn, dëst ënner zwou Konditiounen: De Patron muss matzäit Bescheid wëssen, dat heescht, de Salarié muss säin Employeur zwee Méint virum presuméierte Gebuertsdatum benotiichten, an déi zéng Deeg Pappecongé musse bannent zwee Méint no der Gebuert vum Kand geholl ginn.

Ee Punkt, wou mer mussen agestoen, dass en nach net zefriddestellend ass, ass dee vum Term. Mir soen zwar ëmmer, mir schwätzen ëmmer vum „Pappecongé“, mä mir richten eis selbstverständlech och u gläichberechtigt Kop-pelen, also un déi aner Fra, déi bei der Gebuert oder beim Accueil vum Kand och Recht op dës Congésdeeg hätt.

Mir wollten den Term „père“ sträichen an duerch „conjoint“ ersetzen. Dat klängt aliichtend, mä setzt juristescht viraus, dass déi concernéiert Koppel bestuet oder gepacst misst sinn. Dat war fir eis awer ze vill restriktiv an dréit och de Realitéit vum de Familljen dobaussen net Rechnung. Elo musse mer nach emol nobessere respektiv an engem globale Kontext all déi Termen definéieren, wien als Elteren an als direkte Familljemember consideréiert gëtt. Dat kann ee vläicht och hei iwwer esou eng Nott vun der IGSS an der CNS maachen.

Eng Remarque nach zur Kritik, dass d'Statsbeamten elo net vun dëse Modifikatiounen be-traff sinn. E Papp ass e Papp. Als Elterendeel soll een déiselwecht Rechter hunn, egal ob een elo

fir de Stat oder am Privatsecteur schafft. Déi Differenz tëschent de Statsbeamten an de Salariéen, déi gëtt et haut awer schonn. Et ass esou, dass e Papp beim Stat, also dee beim Stat schafft, fir d'Gebuert vu sengem Kand haut véier Deeg kritt, an deen am Private kritt just zwee Deeg, ausser de Kollektivvertrag gesäit eppes anescht vir.

Et muss een dofir soen, dass et eelef Joer laang soss kee gestéiert huet, dass et hei schonn déi Differenz ginn ass. Déi Differenz, déi elo esou vill kritiséiert gëtt, déi ass, wa mer ganz éierlech sinn, eigentlech guer net nei. An et ginn nach weider Ennerscheeder! Déi kann een elo gutt oder schlecht fannen. Déi ergi sech awer do-rauser, dass mer et hei mat zwee verschiddene Statuten ze dinn hunn. Dëse Punkt hei, dee viséiert gesetzlech Modifikatiounen, déi ebe just d'Salarié betreffen.

Dat heescht awer net, dass net den öffentleche Secteur och kéint nozéien. Mä datselwecht zielt dann och fir d'Congésdeeg beim Mariage. Modifikatiounen fir d'Statsbeamte sollen dohier bei den nächste Gehälterverhandlungen eiser Mee-nung no ganz kloer diskutéiert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, nach en drëtte grouse Punkt an dësem Gesetz ass d'Verlänge-rung vum Congé postnatal. De Moment kritt eng Mamm iwwert de Congé de maternité no der Gebuert aacht Woche fräi, fir kënnen do-heem bei hirem Puppelchen ze sinn. Véier Woche kritt se zousätzlech, wa se niert. Mat der Reform soll elo all Mamm, onofhängeg do-vun, ob se kann nieren oder net, insgesamt zwielef Woche Congé postnatal kréien. Dës Neiregelung richt sech selbstverständlech och un d'Adoptiounen, also un Elteren, déi e Recht op Congé d'accueil hunn.

Här President, dëst sinn elo déi grouss Change-menter, déi dëst Gesetz wäert mat sech brén-gen. D'Detailer kënnst Der a mengem schrëft-leche Rapport noliere wéi och an de Procès-verballe vun der parlamentarescher Kommissioun.

Ofschléissend wëll ech nach eemol ervirhie-wen, dass niewent den Infrastrukturen, dem Kannergeld an de Familljereprestatioune d'Zäit e ganz, ganz wichteg Facteur ass vun enger verantwortungsvoller Familljepolitik. Mat deene Reformen haut ënnerstëtze mer déi schaffend Elteren, fir Beruff a Famill besser kënnen ze ve-eenegen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Intervention par la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nee, nee, dat war net fir lech. Dat war fir een, deen net nogelauschtert huet.

Merci villmools der Madamm Rapportrice.

(Brouhaha)

Soll ech Ross und Reiter nennen?

► **Plusieurs voix.** - Jo, jo!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, ech maachen dat net. Deen, dee betraff ass, dee weess et.

Voilà. An elo huet d'Wuert den Här Marc Spautz fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här Pre-sident. Hei huet ee säi Knäpziel leie gelooss.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Gitt mer en emol hei!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ech ginn deen dann eriwier. Ech weess net, wien säin et war, mä deem musst Der da bei der Prüfung eppes ofzéien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech mengen, dat war Äre Fraktiounskolleeg.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Oh, ech mengen éischer, dass et den Innenminister war. Mä dann...

(Hilarité)

► **Une voix.** - Gitt dem Här Zeimet en, deen hëlt en!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Oh, do sinn ech ganz diskret.

(Interruptions et hilarité)

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir schwätzen haut iwwer zwou Saachen: iwwert d'Änne-runge vum Code du travail no de Bestëm-munge vum 31. Juli 2006 an iwwert d'Änne-runge vum Gesetz vum 12. Februar 1999, dat de Congé parental an de Congé pour raisons familiales agefouert huet.

Fir d'Alleréischts wëll ech soen, dass d'CSV dee Projet wäert matdroen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ech wëll awer gläichzäiteg op verschidde Punkten agoen, souwuel bei dem éischten Deel, dem Congé pour raisons familiales, wéi beim zweeten Deel, dem Congé extraordinaire, wéi beim drëtten Deel, deem vun der Verlängerung, vun deenen zwielef Wochen.

Et ass kloer an et ass wichteg, dass verschidden Adaptatiounen gemaach gi sinn, virun allem beim Congé pour raisons familiales, wou et wichteg ass, dass d'Kand en Usprichpartner huet, wann et krank ass, an dass déi Prozedur jo och elo - d'Madamm Bofferding hat gesot vun zwee Deeg, mä et war och elo schonn eng Méiglechkeet, wann en Dokter eppes geschriw-en huet, dass een dann och méi laang konnt fortbleiwen -, dass dat elo am Automatismus kann aneschtens goen. Dofir begrësse mir dat ausseruerdentlech a mir fannen dat och gutt.

A mir bedauern och do d'Haltung vun enger anerer Institutioun, déi verschidde Verbesse-rungen, mengen ech, déi an der Kommissioun an och vun der Regierung ugeduecht gi waren, net berücksichtegt huet. Dat sinn notament d'Hëllef fir d'Monoparentallen. Mir fannen dat net gutt, dass do déi grouss Kierperschaft fënn, dass dat net noutwendeg wier respektiv dass et vill ze vill schwierig wier, fir dat herno ze kontrolléieren, wann do verschidde Partner géife méi kréien. Dofir ass dat e Punkt, dee mer bedauern.

Wat de Congé extraordinaire ubelaangt, do wëll ech soen... An d'Madamm Bofferding huet elo scho gesot, et wier déi grouss Kritik. Ech muss lech éierlech soe bei der Kritik, ech ken-nen der eng hallef Dosen, déi sech intensiv do-mat beschäftegen, well se där Meenung sinn, dass dat net gutt ass, dass eng ënnerschiddlech Behandlung ass tëschent dem öffentleche Sec-teur an dem Privatsecteur. A wann ech dat rich-teg gelies hunn am Avis, da mécht och déi grouss Kierperschaft, déi ech elo grad kritiséiert hunn, de Statsrot, drop opmierksam an hirem Avis, dass se seet, dass dat do awer komesch wier, dass dat just fir eent vun deenen zwee Re-gimmer géif gëllen.

An déi Kolleegen aus der Kommissioun, déi wëssen et all, ech wëll et awer och fir déi 55, neen, net déi 55, mä déi 47 aner Kolleege soen: Ech beruffe mech do an där Ausso op eng Festschrëft vun engem grouse Jurist, näämlech dem Paul Mousel, deen eng Kéier gesot huet, dass ee bei allgemenge Saache keng Differenz vun de Statuten därer maachen. An dat war an der Festbroschür vun der Confé-rence Saint-Yves, wou dat och eng Kéier be-handelt ginn ass, dass keen Ennerscheed soll sinn tëschent deenen eenzelne Statuten. Wann ech och domat d'accord sinn, wat d'Madamm Bofferding gesot huet, dass et schonn zanter eelef Joer Ennerscheeder gëtt!

Ech hat d'Chance, an der Zäit, wéi ech nach e bësse méi jonk war, emol och zu Genève der-bäi ze si bei dem Bureau international du tra-vail. An do gëtt et eng Konferenz, déi sech näämlech iwwert d'Inegalitéiten ënnerhält. An do ass ëmmer driwwer geschwat ginn, dass et net normal wier, dass, wann e Gesetz besteet, iergendwou awer an iergendenger Ofmaa-chung manner wéi am Gesetz géif gemaach ginn. Dat ass d'Commission des normes um BIT - den Här Minister geet all Joers am Juni dohinner, hie weess dat -, do ginn et esou ver-schidde Kommissiounen, an do ass et grad, wou op déi Inegalitéiten opmierksam gemaach gëtt!

An ech wëll dat nach eng Kéier soen: Mir fan-nen dat net gutt, dass deen Ennerscheed do gemaach gëtt! Mä wann déi Betraffe sech net dergéint wieren a wann déi soen, si hu kee Pro-blem domat, muss ech lech soen, da kommen ech mer e bësse vir wéi der einsame Rufer in der Wüste. Well wann déi Betraffe selwer dat do gutt fannen an dat net kritiséieren, da wëll ech lech just soen, da maachen ech hei de Constat. An ech sinn nach ëmmer där Mee-nung, dass et net richtig ass. Op alle Fall, ob mer elo juristescht richtigegleien oder net, dat mussen d'Gerichter entscheeden. Do ass et net u mir, déi Decisioun ze huelen. Mä ech fannen et net richtig, dass elo do an engem Statut, ënnert dem Gesetz, well mer elo jo e Gesetz kréie fir de Statut privé, dass do manner Congé zur Verfügung steet, wéi dat bis elo de Fall war.

An en anere Punkt, deen ech och do wëll soen, an d'Madamm Bofferding huet och schonn drop higewisen: Et war verhandelt ginn tëschent der Regierung an de Sozialpartner, dass dee Congé fir Pappe sollt vun zwee op fënnf Deeg an d'Luucht goen, an am Géige-stéck sollten de Congé fir se plënnen, de Congé wann ee bestuet gëtt, de Congé wann ee gepacst gëtt erofgoen. Dat war e Package. Dat war e Package an deen hu mer an der Chamber virgestallt kritt, wéi dee Package aus-gehandelt ginn ass. A mir hunn duerno eng Diskussioun gehat, wéi de Projet de loi disku-



tiert ginn ass, wou drop opmierksam ge-
maach ginn ass, dass eng Direktiv ënnerwee
wier, wou et vu fënnf op zéng Deeg géif
goen, an ob et dann elo net besser wier, mir
géifen direkt op déi zéng Deeg goen a mir géi-
fen net nach eng kéier déi Tëschenetapp mat
deene fënnf Deeg maachen.

An ech ka mech do erënnere, wien deemools
wat gesot huet a wat do am Land lass war! Ech
wëll net soen, dat wier vum Här Minister
komm oder vu mir, mä vun anere Leit, déi sech
deemools fierchterlech opgereegt hunn, déi do
fierchterlech mat de Fililleke geklappt hunn: Dat
wier dach e Skandal, do wier eppes ofgemaach
gi vu fënnf Deeg, an dass elo géif hei pro-
béiert ginn, eesäiteg Verträge ze brieschen! An
dofir war ech awer e bësse paff! Also, ech be-
grëssen, dass déi zéng Deeg do sinn. Mä do
war ech awer e bësse paff, dass op eemol déi
zéng Deeg do waren an déi Leit sech guer net
méi zu Wuert gemellt hunn!

(Interruptions)

An dofir mengen ech, dass dat vläicht de
Kaddo da war vun 12 Milliounen, deen dat
vläicht bewierkt huet. 12 Milliounen ass de
Chiffer, deen d'Madamm Bofferding gesot
huet, déi dat kascht, wann dat elo de Statsbud-
get vum drëtze bis den zéngten Dag a Rech-
nung hält.

Ech huelen also un, dass do mat 12...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dat war den Här Juncker.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Gelift?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Den Här Juncker wëllt dat esou.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ah, ech hunn elo
net vun deenen zéng...

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Här Schmit, nach eng kéier: Ech contestéieren
déi zéng Deeg iwwerhaapt net, well ech
mengen, Dir kënnt lech erënnere, am Juni,
wien do zesumme fir déi zéng Deeg...

(Interruption)

Neen, ech contestéieren och net déi 12
Milliounen!

(Brouhaha et interruptions)

Ech stelle just fest, wann een op eemol eppes
bezilt, da geet et an da rutscht et. Pardon, fir
dat esou ze soen! Dat stellen ech fest.

(Brouhaha et interruptions)

An do wëll ech just soen, dat erënnert mech un
Diskussionen, déi d'lescht Woch an engem
aneren Thema waren, wou och do Leit haart
gejaut hunn, dass dat net normal wier, dass elo
verschidde Leit géife fannen, et géif net duer-
goe mat deene Léin, déi de Moment do sinn.
Och do misst een eng Augmentatioun maa-
chen. Wann do och vläicht eng Pusta vum Stat
kéim, da géif dat och vläicht passen. Dat war
elo meng perséinlech Bemierkung, Klammeren
zou!

Soudass mer dat och gutt fanne mat deene
fënnf op zéng Deeg. Mir fannen dat anert
manner gutt. Mä wann dat en Arrangement
ass, deen d'Sozialpartner mat der Regierung
fonnt hunn, ass et net un eis, dat hei a Fro ze
stellen.

Et géif mech just do interesséieren, Här Minis-
ter... An do géif ech lech awer bieden, direkt
derfir ze suergen, dass keng Mësstëmmung an
herno erëm Interpretatioun opkënnt. Ech er-
kläre mech. An de Kollektivverträge, do sinn déi
eng Kollektivverträge, déi schreiwen einfach,
dass déi Congé-spécialle geregelt sinn „suivant
les dispositions de la loi“. Domadder ass et
automatesch: Wann den 1. Januar dat Gesetz
hei a Kraaft trëtt, sinn do déi nei Regelen do. Et
sinn awer och aner Kolleegen, an dat wëssen
och nach anerer heibannen, déi hunn dat ëm-
mer ofgeschriwwen. An déi hu keng Disposi-
tioun (veuillez lire: kee Verweis) op d'Gesetz
gemaach, mä déi hu geschriwwen: „sechs
Deeg“, déi hu geschriwwen: „dräi Deeg beim
Plënneren“. Do ass et fir mech kloer a logesch,
dass dat bestoe bleift, soulaang dee Kollektiv-
vertrag a Kraaft ass.

Ech soen och, firwat ech dat hei op der Tribün
soen. An den Här Arndt ka sech och nach do-
drun erënnere, an den Här Kaes, 1989, wéi
deen neien Aarbechtsvertrag komm ass. Do
sinn et näamlech Interpretatiounsschwie-
regkeete ginn, wéi den Aarbechtsvertrag
komm ass: Wat ass bindend a wat ass net
bindend? Wann eng besser Regelung do ass,
gëllt déi oder gëllt déi net? An dofir wëll ech
elo just, oder ech hunn de Wonsch, dass den
Här Minister dat direkt kloerstellt, fir dass et do
net bei verschiddene Kollektivverträge, déi do
bestinn, fir d'Éischt muss zum Sträit kommen,
ier dat do gekläert gëtt.

Dofir mä waarmen Appell un de Minister an
och u seng Servicer, dat direkt ze soen, dass et
kloer ass, do wou et drasteet namentlech a kee
Bezuch ass op d'Gesetz, dass dat och an deem
Fall direkt muss gekläert ginn, fir och duerno
herno keng Streidereien op eis zoukommen ze
loossen, déi onnéideg wieren an déi deem
gudde Gesetz domadder géifen net zum Luef
gerechen.

Da wëll ech soen zu engem anere Punkt, wou
och nach gesot ginn ass, dat wier déi éischte
kéier, wou doriwwer geschwat ginn ass: Ech
wëll lech just soen, wann Der am Comité per-
manent de l'emploi Berichter vun 1999 noliest,
do hu scho Leit vum Pappecongé geschwat,
deen iwwer zwee, iwwer fënnf, iwwer zéng an
iwwer zwanzeg Deeg erausgaangen ass. Dat
war näamlech de Comité permanent de l'em-
ploi, deen dozou gefouert huet, dass de Congé
parental agefouert ginn ass. An do huet et och
geheescht vun Ufank un, dass et wichtig wier,
dass d'Pappe géife mat dovunner profitéieren,
an net nëmmen d'Mammen, well mer festge-
stallt hunn, dass et virun allem d'Mamme wa-
ren, déi éischt sechs Méint duerno, an dass och
beim Congé parental Leit dat net geholl hunn.

Do ass deemools schonn driwwer diskutéiert
ginn, fir e Pappecongé obligatoresch anzeféie-
ren, fir dass domadder den Attrait, fir an de
Congé parental eranzegoen, och méi grouss
gemaach géif ginn. Dat ass deemools am Co-
mité permanent de l'emploi net zrëckbehal-
en, mä dat fënnt een awer an den Ennerlage
vum Comité permanent de l'emploi vun dee-
mools erëm.

Dofir hunn ech kee Problem, wann ee seet:
„Mir féieren eppes Neies an“, oder: „Mir ver-
besseren eppes“, mä et kann een awer net
soen, dass dat elo op eemol aus heiterem Him-
mel komm ass oder dass elo op eemol d'Iddi
eréischt komm ass. Schon 1999, dat si méi
wéi 18 Joer hier, ware Leit, déi an déi Richtung
wollte goen. An déi hu sech da vläicht dee-
mools net duerchgesat kritt oder keng Majori-
téit fonnt, fir dat ze kréien, mä d'Iddi u sech
huet awer keen neie Moment.

Wat dann den drëtze Congé ubelaangt, dat ass
dee mat dem Congé de maternité, wou et bis
elo iüblech war aacht Woche virdrun an aacht
Wochen duerno d'office, an zwielef Wochen,
wann ee géif nieren. Ech wëll elo kengem Dok-
ter ze no trieden, mä ech mengen, dass de
gréissten Deel - wann ech de Rapport liese vun
deene jeeeweilege Keesen, déi dat en charge
huelen -, dass déi meescht Dokterinnen dat ge-
schriwwen hunn. Ob et elo esou war oder net,
et ass net u mir an och u soss kengem, fir dat
kucken ze goen. Mä dofir fannen ech et och
gutt, dass déi Generaliséierung kënnt. Dann ass
et fir d'Dokterinnen och vläicht méi einfach. Da
brauche se näischt méi ze schreiwen, wat net...
- Dir verstitt, wat ech wëll soen - ,...

(Interruptions)

...an dass et dofir och gutt ass, dass mer och
déi Ännerunge maachen.

Dat Eenzegt, wéi gesot, wat mer nach eng
kéier wëlle rappeléieren: dass et gutt wier, wa
schnellstméiglech déi Ennerscheeder vun
deene Statute géifen opgehuewe ginn. An do
si jo Méiglechkeeten, wa Verhandlung sinn an
der Fonction publique, fir dat ze maachen. Res-
pektiv bei deenen anere Verhandlungen ass et
jo ëmmer méiglech, méi ze maache wéi dat,
wat am Gesetz steet. Well dat léisst d'Kollek-
tivvertragsgesetz, den Artikel 166 vum Code
du travail zou, dass een nach ëmmer méi ka
maachen an och méi ka verhandelen, mä dass
d'Base légale erhalte bleift.

Mä wéi gesot, nach eng kéier mäin Appell un
den Aarbechtsminister: Sot Äre Servicer dat,
well net dass mer ab dem 2. Januar schonn
erëm eis müssen ënnerhalen, wat ass dann elo
in a wat ass net in!

An dann, wéi gesot, d'CSV gëtt d'Zoustëm-
mung zu dësem Gesetz.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci
dem Här Spautz. Den Här Engel huet d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Här President,
Dir Dammen an Dir Härren, ech wollt u sech
keng gréisser Interventioun maachen, well de
Rapport vu menger Kolleegin, dem Taina Bof-
ferding, esou ganz gutt war, souwuel dee
mëndlechen an och dee schrëftleche Rapport,
an awer wollt ech elo nach eng kéier hei d'Po-
sitioun vun der LSAP kloermaachen. Als
Rapporteur ass dat net ëmmer esou einfach,
ass dat iwwerhaapt net einfach, an duerfir wollt
ech hei awer profitéieren, fir dat ze maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat
ass net gefrot.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Et ass och net
gefrot, dat ass richtig, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et ass
net de Rôle vum Rapporteur.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Et ass net de
Rôle vum Rapporteur. Dee soll de Rapport vun
der Kommissioun maachen.

Ech si frou, dass d'CSV hei dee Wandel ge-
maach huet. An der Kommissioun hu se nach
géint..., pardon, net dergéint gestëmmt, mä
hu se sech nach beim Rapport enthalen, wann
ech dat richtig an Erënnung hunn.

(Interruption)

Wéinst dem Rapport, richtig. Mir sinn haut an
der Pleniëre, do stëmme se dëse Projet mat, an
ech fannen dat och ganz gutt a wëll se och fel-
icitéieren zu deem Schratt, dee se do gemaach
hunn. Well dat hei ass ganz konkret Politik. Dat
hei ass Politik, déi bei de Leit ukënnt. Dat ass
Politik fir unzepaken. An et ass virun allem och
Politik fir déi schaffend Leit. Et ass eng modern
Familljepolitik an dat ass och de Kärpunkt vun
dëser Regierung, vun dëser aktueller Re-
gierung: modern Familljepolitik am Sënn vun
de Kanner, vun der Gläichbehandlung vun de
Geschlechter an och vum Gläichgewicht
tëschen Beruff a Privatliwwen.

A mat dësen Ännerunge suerge mer fir eng
Verbesserung fir d'Familljen. D'Eltere kréie méi
Zäit, fir sech besser kënnen ze organiséieren.
An dat ass och dat, wat d'Eltere brauche fir hir
Kanner. Duerfir huet d'LSAP och nach ëmmer
gekämpft a wäert et och weider maachen.

Déi Changementer, déi mer elo maachen, déi
sinn alleguerter Verbesserung fir d'Familljen.

Éischtens, d'Flexibiliséierung vum Pappecongé,
an dat mat enger Erhéijung vun de Moment
zwee Deeg op ëmmerhin zéng Deeg, wat awer
eng substanzuell Erhéijung ass!

Dann, d'Neistrukturierung och vum Congé
pour raisons familiales. Mir haten hei Leit sët-
zen, déi eng Petitoun eragin hunn an déi
sech wierklech mat ganz gudden Argumenter
hei abruucht hunn an eng Diskussioun, déi och
ganz wichtig ass an déi mer, mengen ech, och
mat dësem Gesetzesprojet an déi richtig
Richtung viroustousse mat engem méi flexibele
System, deen et den Elteren erlaabt, sech be-
sonnesch ëm déi méi kleng Kanner ze këmme-
ren, wa se dann och krank sinn.

An dann och d'Verlängerung vum Congé post-
natal vun aacht op zwielef Wochen an dat in-
dépendant, ob een elo säi Kand niert oder och
net. An och do, mengen ech, kann ech dem
Här Spautz bäiflichten: Ouni engem wëllen ze
no ze trieden, mengen ech, kéint ech an déi-
selwecht Richtung argumentéieren, wéi dat
den Här Spautz och gemaach huet. An ech fan-
nen dat och gutt, dass mer elo hei op zwielef
Woche gaange sinn an dat net ofhängeg maa-
chen dovun, ob een elo niert oder net.

Dann ass déi véiert Mesure hei d'Erhéijung
vum Congé extraordinaire beim Stierfall vun
engem sengem Kand. Och dat, mengen ech,
ass eng ganz wichtig Mesure. Do gi mer op
fënnf Deeg erop - wat ee jo kengem natier-
lech wënscht, mä wat awer heiansdo vir-
kënt -, an duerfir bréinge mer hei de Leit eng
substanzuell Verbesserung, déi mer, mengen
ech, alleguerter musse kënnen vertrieden.

Eng Rei vu Congésdeeg, déi falen awer ewech.
An dat sinn och Ännerungen, déi gesellschaft-
lech gerechtfertegt sinn, esou wéi beim Ma-
riage, wou et vu sechs op dräi Deeg erfoget.
D'Eltere kréie vun zwee op een Dag erf. An de
Partenariat geet och vu sechs op een Dag erf
an d'Eltere kréien och do keen Dag Congé.

An et muss een do fairerweis och soen, dass
d'Zäite sech jo an eiser Gesellschaft awer ge-
ännert hunn. Déi verschidden Ännerunge bei
dëse Congéen, déi goufen ënnert de Sozial-
partner verhandelt. An d'Resultat ass eben dat,
wat eben elo och hei erauskomm ass, dass déi
verschidde Congéen, déi no hirer Ursprungs-
iddi net méi an deem Mooss noutwendeg sinn,
néideg sinn, dass déi och da kënnen erfogoen
an dass awer aner Mesuren, déi an eiser Gesell-
schaft méi ugepasst sinn a méi gebraucht ginn,
dass déi dann och kënnen eropgoen, esou wéi
zum Beispill de Pappecongé.

D'Leit bestuede sech och vill méi spéit, soudatt
et och an der Regel oft esou ass, dass déi Eltere
vun deene Kanner, déi sech bestueden - jo, et
sinn ëmmer Kanner, och wa se scho 35 Joer
hunn -, vläicht schonn an der Pensioun sinn,
soudatt dat...

Wat gelift?

(Interruption par M. Roberto Traversini)

Jo! ...soudatt dat u sech och net méi esou de
mise ass, dass d'Leit onbedéngt dee Congé do
och brauchen. Vill Leit, déi sech pacsen, déi
wëllen iwwerhaapt keng Zeremonie, kommen
e ganz kuerze Besuch op d'Gemeng maachen,
bréngen hir Pabeiere laanscht an dann ass déi
Demarche och fäerdeg. Dat ass eng ganz re-
duzéiert Demarche. An et fret ee sech effektiv,
firwat dass do déi sechs Deeg Congé waren.

D'Madamm Rapportrice huet dat erkläert, dass
dat eng Upassung war natierlech, fir sech mam
Pacs a mat dem Mariage gläichzesetzen. Mä
ech mengen, och do muss een evoluéieren an
do muss ee sech der Zäit upassen, gradesou
wéi beim Plënneren, do geet dat op zwee
Deeg an dräi Joer bei engem Patron, an och
bei deem Dag Congé beim Militärdéngscht,
deen een och net méi brauch.

Wichtig ass awer, an ech kommen nach eng
kéier dorop a wëll dat nach eng kéier ënner-
sträichen, dass beim Doud vun engem mineure
Kand dat eropgeet op fënnf Deeg. An déi sinn
absolutt och noutwendeg, déi brauche mer
och.

Och nach en anere Punkt, dee vläicht elo net
esou genannt ginn ass, dass ass am Fall vun
enger Adoptioun vun engem Kand ënner zwie-
lef Joer: Do ginn et och elo zwielef Woche
Congé d'accueil. Och dat, mengen ech, ass e
Schratt, deen an déi richtig Richtung geet.

Duerfir géif ech hei als LSAP nach eng kéier ën-
nersträichen, dass dat hei eng Reform ass, déi
iwwerfälleg ass, an dass et ganz gutt ass, dass
mer net gewaart hunn, bis déi Direktiv effektiv
a Kraaft getrueden ass, mä dass mer eis u sech
emol eng kéier virun de Won gespaant hunn a
gesot hunn: „Mir wëllen hei déi Kar no vir
zéien a mir wëllen an déi richtig Richtung
goen.“ Duerfir sinn dat heite Mesuren, déi mer
zu 100% kënnen ënnerstëtzen.

An ech ginn heimat och nach eng kéier den
Accord vun eiser Fraktioun an ech soe Merci fir
d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci
och dem Här Engel. An nächste Riedner ass
den Här Claude Lamberty.

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Här President,
léif Kolleegen, dëse Projet de loi reit sech an an
eng ganz konsequent Fërderung vun de Famill-
jen zu Lëtzebuerg. Mä Kolleeg, de Gilles Baum,
ass jo gëschter a senger Interventioun zum
Budget schonn ausféierlech op ganz vill famill-
jepolitesch Mesuren agaangen, déi dës Re-
gierung ëmgesat huet.

Op dëser Plaz och e grouse Merci un d'Rap-
portrice, d'Madamm Bofferding, déi hei
exzellent an detailléiert erkläert huet, wat alles
ëmgeännert gëtt, fir zu esou engem moderne
Kadergesetz fir eng modern Gesellschaft ze
kommen.

Ech wëll op dëser Plaz dann awer och aus-
drécklech de verantwortleche Ministeren aus
eiser Regierung, dem Aarbechtsminister Schmit
an och besonnesch der Familljeministesche Co-
rinne Cahen, déi den Ustouss zum Iwwerdenke
vun dëse Mesurë ginn huet, scho laang ier se
iwwerhaapt Minister ginn ass, Merci soe fir hi-
ren Asaz fir d'Familljen an d'Kanner zu Lëtze-
buerg.

Hei hu mer e Paradebeispill, wéi Iddien ze-
summen diskutéiert an ausgeschafft ginn am
Sënn vun enger Verbesserung fir d'Leit an d'Fa-
milljen dobaussen. Et geet konkret ëm déi bes-
ser Vereenbarkeet vu Beruff a Famill. Duerch
eng Rei Upassung vum Congédispositionen am
Code du travail erreche mir, dass d'Eltere
vu klenge Kanner méi Zäit mat hire Bëbeeë ver-
bréinge kënnen, an zwar dann, wann et am
wichtigsten ass, näamlech direkt no der Ge-
buert oder wann d'Kanner emol krank sinn.

Déi éischt a wichtigst Neierung an dësem Pro-
jet de loi ass d'Eropsetze vum Pappecongé vun
zwee op zéng Deeg. Dass dëst méi wéi iwwer-
fälleg war, weist de Fait, dass aktuell d'Eltere
vun enger Koppel, déi sech pacst, genausou vill
Congé kréie wéi d'Pappe vun neigebuerene
Kanner! Dass dëst net méi zäitgeméis war, er-
kläert sech, mengen ech, vum selwen.

D'Rollenopdeelung vu fréier, dass exklusiv
d'Mamm fir d'Erzéiung vun de Kanner suert
an d'Papp d'Suen an de Stot bréngen, ass
haut glécklecherweis scho ganz laang keng
Realitéit méi.

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.-
Wann ech gelift!

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Ganz am
Géigendeel: D'Pappe wëllen Zäit mat hire
Kanner verbréngen! Dat weist ganz beson-
nesch och den neie Congé parental, vun deem
virun allem méi Pappe profitéieren, wéi dat
fréier de Fall war.

Et war eis als DP wichtig, dass d'Sozialpartner
mam neie Pappecongé averstane sinn. Aacht
Deeg zousätzleche Congé vun engem oder méi
Mataarbechter an engem klenge Betrib an
enger intensiver Schaffperiod kënnen nawell fir



Onrou am Betrib suergen. Fir deem entgéint-zewierken, huet d'Regierung entscheet, déi zousätzlech aacht Deeg aus eegener Täschen ze bezuelen. Fir d'Joer 2018 sinn dofir jo knapp 12 Milliounen am Budget virgesinn.

D'Salariéen, déi vum neie Pappecongé profitéiere wëllen, mussen hirem Patron spéitstens zwee Méint am Virus Bescheed ginn, fir dass sech am Betrib och kann organiséiert ginn. Ech mengen, dass dës Informatiounsflucht fir d'Salariéen net an d'Gewicht fällt, well d'Gebuert vum engem Kand meeschtens jo och relativ genau virauszegesinn ass.

Den neie Pappecongé ass also eng exzellent Noriicht fir jiddwereen, deen am Privatsektor als Salaré schaff. D'DP ass der Meinung, dass an Zukunft no dëser éischter Etapp all Papp, egal wou oder fir wien hie schafft, vun dëser Innovatioun profitéiere soll a muss. Do schlësse mir eis als Demokratesch Partei de Wieder vun der Rapportrice total un.

Dofir denke mir, déi zéng Deeg Pappecongé an Zukunft och de Fonctionnaire an den Indépendanten zougänglech ze maachen, an dës esou séier, wéi dat ebe méiglech ass. E Papp ass e Papp, egal wéi säi Patron ass, an et sollt ee kengem Papp d'Chance huelen, fir säi Puppelchen direkt no der Gebuert nach besser kënne kennenzeléieren a fir seng Famill kënne do ze sinn.

An och d'Mamme kréien an Zukunft méi Zäit, déi se direkt no der Gebuert mat hirem Kand verbréngen kënnen. De Congé geet nämlech fir all Fra op zwielef Wochen erop, onofhängeg dovun, ob se de Bëbee stëllt oder net. Et ass nämlech net méi zäitgeméiss, d'Längt vum Congé postnatal dovunner ofhängeg ze maachen, ob eng Mamm kann oder wëllt stëllen.

Eng drëtt grouss Modifikatioun ass déi vum Congé pour raisons familiales, deen daitlech méi flexibel gëtt. Et geet drëm, dass d'Mamm an de Papp kënne bei hirem Kand sinn, wann d'Kand krank ass an d'Kand also eng Bezuchsperson dréngend brauch. Dat ass aktuell leider net ëmmer méiglech, well ee pauschal pro Joer just zwee Deeg Congé zegutt hat. Wann déi net gebraucht goufen, da si se verfall. Grad am jonken Alter gi Kanner awer emol méi oft krank.

Fir deem entgéintzewierken, gesäit dat neit Gesetz Alterstranché vir, an deenen d'Eltere vun enger bestëmmter Unzuel u Congésdeeg profitéiere kënnen, wann hir Kanner krank sinn. Am jonken Alter sinn et deementsprechend méi Deeg wéi fir en Alter, wou d'Kanner och emol eleng kënnen doheem bleiwen. D'Unzuel vun den Deeg pro Alterstranche ass jo virdru scho genannt ginn. Am Fall vu schwéiere Krankheete kënnen d'Congésdeeg zousätzlech an d'Luucht gesat ginn.

Här President, léif Kolleegen, dës Gesetz war iwwerfällg, an ech si frou fir all aktuell an zukünftg Eltere vu klenger Kanner, dass mir et gepackt hunn, dass déi nei Congésdeeg elo a Kraaft triede kënnen.

Dës Gesetz markéiert d'Upassung vun eiser Legislatioun un eng nei Realitéit an eiser Gesellschaft. Dofir wunnert et lech also net, wann ech den Accord vu menger Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn, net ouni nach eng Kéier der Rapportrice e grouss Merci ze soe fir hire Rapport.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut geet et ëm de Congé fir d'Salariéen a spezielle Liewenssituatiounen a virun allem fir d'Familljen. E grouss Merci un d'Rapportrice! En exzellente Rapport, wéi mer dat gewinnt sinn, dee schréfflechen an och dee mëndlechen Deel.

Ech wëll awer och direkt soen, ech war awer „piffpaff“, wéi de Kolleeg vun der CSV dat virdru gesot huet, an zwar dass, nodeems d'CSV an der Kommissioun de Rapport net konnt stëmmen, se awer elo seet, dass se de Projet de loi hei wäert matdroen. Doriwwer, wéi de Virriedner och schonn eng Kéier gesot huet, si mer awer ganz frou, well ech hätt mer och net kënne virstellen, wéi een dergéint kéint sinn, fir u sech den Equilibre tëschent Beruff a Familljeliewen ze fannen, a wéi een dat hei op der Tribün hätt wëlle verrieden.

An dësem Projet de loi geet et ëm d'„work-life balance“, wann et Englesch ass, dann héiert dat sech besser un. Et geet drëm, dass Mammen a Pappen et fäerdegbréngen, schaffen ze goen an awer ze kucken, dass hiert Famillje-

lieue stëmmt an dass hir Kanner entsprechend versuergt ginn.

E Projet de loi ass och ëmmer e Kompromëss. En ass ausgehandelt gi mat de Sozialpartner. Domat kann een also ni all Mënsch zefriddestellen, dat ass ganz normal. Verschidde Congés ginn erof, wat vläicht deelweis iwwerfällg war, an déi, déi och deene Gréngewicht sinn, déi ginn an dësem Projet de loi erop.

Fir d'Éischt vläicht de Pappecongé. De Pappecongé ass fir déi gréng ganz kloer e Moya vu Chancégläichheet, dee vun zwee op zéng Deeg eropgeet, fir dass de Papp sech direkt no der Gebuert vum Kand ka méi engagéieren an en anere Kontakt fannen. Datselwecht gëllt awer och, wann et net eng Gebuert ass, mä eng Adoptioun vu Kanner ënner 16 Joer. Och dat ënnerstëtzt mer als Gréng.

Mir haten awer och opgeworf, dass d'Terminologie vun dem Pappecongé net méi ugepasst ass fir een Eenzelfall, an dat vun enger gläichgeschlechtlecher Koppel, wou eng Fra e Kand kritt an d'Partenaire eben och eng Fra wier. An dat ass sécherlech nach ee Volet, deen ee muss kucken, wéi een dee kann upassen. Dee Choix, dee mer gemaach haten, deen hätt u sech déi Leit, déi Zilgrupp reduzéiert, déi eligibel kënne sinn, an dat war natierlech och an deem Moment net ze verrieden, wa mer dat reng op de Conjoint bezunn hätten.

Et ass also e Volet vu Chancégläichheet, wa mer hei vun engem Pappecongé schwätzen.

Deen zweete Volet, dat ass de Mammecongé, dat ass de Congé postnatal, deen hei eropgeet vun aacht op zwielef Wochen, onofhängeg dovun, ob eng Fra elo stëllt oder net stëllt, net wëllt stëllen, net ka stëllen, ob d'Kand eventuell ze fréi kënnt oder ob et Méifachgebuerte sinn. Duerfir ënnerstëtzt mir dat och ganz kloer. Niewebäi bemierkt, bleift awer ëmmer nach fir Fraen, déi stëllen, den Temps d'allaitement am Betrib bestoen, wa se u sech da weiderhin hiert Kand iwwert déi Wochen do eraus wëlle stëllen.

Wéi d'Rapportrice och gesot huet, muss ee kucken, ob een net dee Volet vun de Monoparentalen nach eng Kéier kann op eng aner Aart a Weis léise respektiv Ënnerstëtzung fannen, fir ze kucken, dass grad bei der Gebuert eben déi noutwendeg Ënnerstëtzung méiglech gëtt, wat eben iwwert dës Projet de loi elo net geet.

Ech wäert net am Detail op de Mariage an d'Déclaration de partenariat respektiv Décès a Plënnere goen.

Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass, dass hei dee Congé d'accueil awer nach geschaaft gëtt, wann e Kand adoptéiert gëtt, wat manner wéi zwielef Joer huet. Dat sinn zwar vill Wochen, déi zwielef Wochen, mä trotzdem bréngt et awer mat sech, dass déi zwee Partenaire an dat Kand, wat nei an eng Famill kënnt, mateneen e gudde Start kréien.

De wichtegste Volet, deene Gréngen no, ass ganz kloer de Congé pour raisons familiales, well dat geliefte Alldag ass an enger Famill, wou een ëmmer erëm als jonk oder méi eeler Koppel dorop treëft, dass, wa Kanner kleng sinn, se vill Krankheeten hunn, eng Häufung vu Krankheetsfäll do ass, an dass et net evident ass, wann déi zwee Partner wëllen och nëmmen Deelzäit schaffen, fir sech ze organiséieren, wann ee Kand krank ass, fir bei em ze sinn. Déi zwee Deeg pro Joer, déi bis elo do waren, sinn op kee Fall duergaangen.

An duerfir begreisse mer, dass mer do elo eng Modularitéit erakréien, dass och e bësse gekuckt gëtt no den Tranches d'âge. An dat passt jo och: Vun 0 bis 4 Joer, do hu mer zirka 3 Deeg an der Moyenne pro Joer, déi ee kann notzen, am Ganzen déi 12 Deeg. An dann huet een, mengen ech, de Gros vun den Infektiounskrankheete bei de Kanner erduerch. An da kann een awer d'Berufsliewen an d'Familljeliewe méi einfach beieneekréien, ouni dass ee muss higoen an engem Patron uruffen a soen: „Ma ech si krank de Moien“, wat jo iwwerhaupt net de Fall ass, mä wou u sech d'Wourecht ass, dass ee keng Léisung fonnt huet, fir bei sengem Kand kënnen doheem ze bleiwen.

Dann ass et esou, dass mer eben an där anerer Tranche d'âge - et ass scho virdru gesot ginn - nach déi 18 Deeg hu bis 13 Joer. An domat hätte mer déi 30 Deeg, déi mer och elo schonn am Gesetzestext stoen haten. An do kommen zousätzlech 5 Deeg derbäi, wann u sech een an eng Klinik muss goen, e Kand tëschent 13 an 18 Joer, wann also och do eng Begleedung noutwendeg ass.

Mir sinn och ganz frou, dass a spezielle Fäll eng Verduebelung ka komme vun dëse Congészäiten, wann eng méi grav Krankheet virläit, wann en Accident virläit oder wann e Kand en Handicap huet, an och dat pro Tranche d'âge a souguer, wann eben dat sougenanntent „duebelt Kannergeld“ ausbezuelt gëtt, wëll heeschen, wa festgehalde ginn ass, dass dat Kand en Han-

dicap huet, wat iwwer 50% vun deenen normale Fonctionnalités eben erausgeet, dass dann déi Tranche, déi Limite d'âge eben och eropgehewe gëtt bis 25 Joer. Dat ass ganz gutt esou. Dat begreisse mer.

Mä et muss een awer wëssen, dass dat an eenzelnen oder a ville Fäll guer net duergeet! An zwar stellt sech do ganz dacks d'Fro an de Fäll vu Maladie-graven, ob déi zwee Partner nach weider kënne schaffen goen, well eben einfach déi Fäll do net mat deem übliche Congé ofzeschaffen sinn. Duerfir gëtt et jo och déi Regelung, dass et méiglech ass, an zwar iwwer de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, festzeleeën, ob dee Fall esou schlëmm ass, dass mer higin an dee Congé pour raisons familiales bis op 52 Woche kënnen erausbréngen.

Do muss mer just oppassen, dass mer net... Do hunn ech zwou Saachen, déi, mengen ech, wichteg sinn ze soen, zwou Saachen: ob mer net an de Konflikt komme mat deenen 52 Wochen, déi mer soss am Aarbechtsrecht stoen hunn, fir dass net op eemol mäin Aarbechtskontrakt kann opgekënnegt ginn, wann ech do un déi Limitt eroustoussen. Dat ass eng Bemierkung, déi ee soll iwwerleeën. Well et ass jo esou, wann ech dee Congé pour raisons familiales huelen, da gëtt deen ugerechent, wéi wann et eng Période d'incapacité de travail pour cause de maladie wär.

(Coups de cloche de la présidence)

An do wëll ech just drop hiweisen, dass dat aarbechtsrechtlech kéint a gewëssene Fäll op e Problem stoussen.

Déi zweet Saach, déi ech ze bedenke ginn a wou och muss dru geduecht ginn, dat ass de Règlement grand-ducal, deen u sech d'Basis ass, weini ausgeschwat ka ginn, dass ee Fall vu Maladie grave virläit. An zwar - ech huelen dat eng Kéier just kuerz erbäi -, ass d'Formuléierung am Moment esou baséiert - an duerfir huet dat an der Praxis dacks zu Problemer gefouert: Do ass de Kriib als Krankheet bei de Kanner opgefouert, an natierlech och aner Pathologien, wou eng Hospitalisatioun virläit. Mä et gëtt awer nach eng Partie Krankheeten, déi do net erfaasst sinn!

Duerfir géif ech just roden, dass een do soll oppassen op Häerzerkrankungen, neuromusculaire Erkrankungen. Mukoviszidose ass och e Problem, deen do ganz dacks optaucht, deen elo net hei ernimmt ass. Dann och chirurgical Agréff, wa Feelstellungen do si bei engem behënnerte Kand, wou ganz dacks méi dacks an Etappe muss chirurgical Agréff virgeholl ginn. An dann ass et och dacks esou, dass no esou engem Agréff déi Kanner net direkt an eng Crèche oder an eng Schoul erëm zrëckkomme kënnen. Da muss se awer nach fir eng lwwergangszäit eventuell doheem sinn.

Duerfir ass et wichteg, dass dee Règlement grand-ducal mat deene betraffene Leit aus dem Secteur esou formuléiert gëtt, dass et ebe manner Problemer gëtt an dass och natierlech déi Instanz, déi driwwer ze befannen huet, et méi einfach kritt, fir u sech deene Fäll Rechnung ze droen, wéi dat an der Vergaangenheet heiansdo war, dass do Problemfäll eben opgetaucht sinn.

Dat gesot, mengen ech, ass dës Projet de loi e ganz grouss Fortschritt - ee ganz grouss Fortschritt! -, well en et fäerdegbréngt, Familljen- a Berufsliewe besser op e Leescht ze bréngen, virun allem dee leschte Volet, de Congé pour raisons familiales, wou ganz dacks ebe Problemer entstinn a wou een et net einfach huet, wann een et wëllt, och nëmmen an Deelzäit d'Berufsliewen an d'Familljeliewe beieneenzebréngen.

A Beruffs- a Familljeliewe beieneenzebréngen, dat ass eng Häerzensugeleeënheet och vun deene Gréngen. Et ass eng Erausforderung fir d'Zukunft, vu dass mer och net wëssen, wéi den Aarbechtsmaart an Zukunft sech wäert entwéckelen. An duerfir mengen ech, dass mir als déi gréng all Beméiunge vum Aarbechtsminister wäerten an Zukunft ënnerstëtzen, déi an déi dote Richtung ginn.

An ech ginn d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun fir dës Projet de loi. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An deen nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, éischstens emol e grouss Merci och un d'Madamm Bofferding vun eiser Säit, well si huet eis dee Projet de loi hei ganz kloer exposéiert an op eng Manéier ageféiert, mengen ech, déi eis direkt dozou féiert, e puer Reflexiounen ze maachen.

D'Madamm Bofferding, mengen ech, hat gesot: „Et ass keen ideologesche Projet.“ Jo, wat

ass et dann? Selbstverständlech ass et en ideologesche Projet, wann eng Regierung heihin-herkënn an iwwer jore sech méi gëtt, ee Modell vu Famill ze favoriséieren: deen, wou déi zwee Eltere schaffen ginn an d'Kanner da betreie loosse! Mir als ADR maachen an dësem Beräich keng Ideologie, well mir soen, mir ginn de Leit de Choix, ob se dat do wëllen, wat Dir och ënnerstëtzt, oder ob se wëllen, datt ee vun den Ehepartner oder Partner doheem bleibt a selwer seng Kanner erzitt.

Mir ginn de Choix! Dir favoriséiert ee Modell an näischt anescht. Da froen ech lech: Wie mécht dann Ideologie? Dat si ganz kloer dës Regierungsparteien an déi, déi just deen dote Modell wëlle favoriséieren!

An dësem Projet de loi sinn eng Rei Avantagen. Dofir stëmme mer och net dergéint, mä mir hunn eng ganz Rei Kriticken. Mä et ass vun de Virriedner och ëmmer erëm betount ginn: Wann e manerjäregt Kann stierft, huet ee méi Congé, a verschiddenen anere Situatiounen huet ee méi Congé zegutt. Dat si sozial Virdeeler, dofir stëmme mer och net géint dës Projet, awer Kriticken hu mer. An ech wëll lech déi elo presentéieren.

Eng éischt ass, an dat ass och vun e puer Parteien opgegraff ginn: Firwat just de private Secteur an net och den ëffentleche Secteur? Wa jo - ech mengen, do si mer eis all eens - e Papp e Papp ass an e Kand e Kand, a mer alleguer dat Zil hunn, fir datt de Kontakt tëschent Papp a Kand soll méi staark sech kënnen entwéckelen; an dat ass jo net ëmstridden.

Mä dat hätt ee jo och kënnen hei maachen an esou engem Gesetz! Näischt verhënnert dat, wa schonn zwou vun deenen dräi Regierungsparteie soen, si hätten dat gär. Datt een dann higee, wéi et hei am Rapport steet, a seet: „Dat maache mer an de Gehälterverhandlung mam ëffentlechen Déngscht!“ Dat steet am Rapport, Här Minister! Dofir ass et an eisen Ae jo och u sech onfair, fir eppes a Gehälterverhandlung mat der CGFP oder mat anere Gewerkschaften aus dem ëffentlechen Déngscht ze verlageren, wat een hätt kënnen hei gesetzlech scho regelen, wann een da wierklech dat och esou hätt wëllen ugoen.

Eng zweet Observatioun, déi mer hunn, ass den Interêt vun den Entreprises. Mir hunn eng Rei Gesetzer - d'Chambre de Commerce huet dat och gesot -, déi d'Entreprises administrativ staark belastschen, well déi Regelungen, déi gesetzlech Regelungen, esou gutt gemengt wéi se och sinn an esou positiv wéi se dacks och sinn, awer eng Rei vun administrative Lourdeure fir d'Entreprise mat sech bréngen. Dat ass den Temps de travail, dee soll kommen, et ass de Congé parental, dee mer gestëmmt hunn, et ass och elo dat hei Gesetz, wat awer d'Entreprise virun eng Rei Erausforderungen...

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Pardon?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Den Temps de travail ass scho laang gestëmmt.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, jo, mä dat ass onwichtig an dësem Zesammenhang. De Punkt ass, et ass wichteg, datt eben d'Entreprises eng ganz Rei administrativ Lourdeuren heimadder kréien. An och dës Congé, deen ass schwéier u sech ze kontabiliséieren, an et sinn eng Rei praktesch Erausforderungen awer do, wann een dat wëllt wierklech präzis verfollegen, ob do och déi Tranches d'âge an esou weider, ob dat da korrekt applizéiert gëtt.

Déi drëtt Observatioun, déi mer hunn, ass: De Stat bezilt, an dat ass relativ schwéier ofzeschätzen - och dat steet an der Fiche financière vum Projet de loi -, wat déi Mesuren elo am Eenzelnen direkt kaschten. Et ass e bëssen..., et sinn elo keng riseg Zommen, mä awer an engem Kontext vun engem Statsdefizit soll een dorop oppassen.

Mir stelle just fest, mir si mat enger Rei vun deene Moosnamen d'accord. An awer wësse mer nach net genau, wat am Statsbudget d'Incidence vun där enger oder anerer Moosnam ass.

Am Eenzelne wëll ech op dräi Saachen agoen:

Éischstens, de Congé pour raisons familiales. Mir begreissen ausdrécklech, datt e gehéicht gëtt, och wa mer ebe soen, datt mer eis Froe stellen iwwert d'Modalitéite vun der Applikatioun; dat ass net ëmmer einfach. Mä wat eis interesséiert och an der Politik, dat ass: Wie kann dann elo op dat krankt Kand oppassen? An ech mengen, datt mer do de Problem hunn, dee mer ganz gutt kennen: Dat ass dee vun de gescheetene Pappen oder gescheetene Mammen, wa se den Droit de garde net hunn. Dat ass, datt och déi kënne bei hire Kanner sinn! Well et ass ganz llicht... Et ass an enger Circulaire! Et ass an enger Circulaire! Mä ech wëll et hei soen, well et ass jo och diskutéiert ginn am Laf vun der Diskussioun ëm dës Gesetz.



Et ass kloer an eisen Aen, datt eng Famille monoparentale heiansdo manner monoparentale ass wéi et schéngt, well et gëtt dacks de gescheetene Partner, déi gescheete Mamm oder de gescheetene Papp, deen deen Droit de garde net huet, dee sech och gär wëilt ëm d'Kand këmmere. An do gëtt et eng Circulaire, déi dat regelt, wou gesot gëtt: „Jo, gutt, dee Partner soll dat och kënne maachen.“ Mä dat ass awer eng relativ onsécher Saach!

Ech froe mech, ob an der Praxis och ëmmer all Patronen do matspillen a wéi dat an der Praxis dann och ausgesäit, datt e gescheetene Papp oder eng gescheete Mamm sech kann ëm e Kand këmmere, notament och, wann et Problemer scho gëtt beim Droit de visite, wéi deen exercéiert gëtt. A mir soen, et ass wichteg, datt e biologeschen Elterendeel sech och ka rechtlech a praktesch ëm e krankt Kand këmmere.

Dat Zweet ass de Congé am Fall vun enger Gebuert. Hei si mer awer wierklech elo voll am ideologesche Beräich! An ech wëll dat ausféieren. D'ADR begréisst, datt mer de Congé am Fall vun enger Gebuert eropsetzen. Dat ass eng positiv Saach. Et kënnt jo och eng Direktiv: vun zwee op zéng Deeg. Fein! Mir sinn och d'accord a frou driwwer bei enger Kanneradoption, datt dee Congé d'accueil eropgesat gëtt. Do hu mer also kee politeschen Ennerscheid an deene Saache mat der Regierung; en anere Grond, firwat mer net géint dëst Gesetz stëmmen.

De Problem ass och hei bei där ganzer Diskussion ëm déi homosexuell Koppelen, déi Kanner wëllen. Do hu mir traditionell ëmmer erëm gesot, et ass fir eis wichteg, datt e Kand e Recht huet op seng Mamm a säi Papp, datt et fir dat Kand dat Beschit ass an eisen Aen, an net nëmmen an eisen Aen, datt sech e Kand entweckelt, wéi et och an der Kannerrechtskonvention iwwregens steet, mat sengen Elteren a sech kann entweckelen an dem Vergläich mat deenen zwee Elteren, Mamm a Papp.

Hei ass awer eng Diskussion geféiert ginn an der Commission du travail - an dat léisst och déif kucken, dat ass jo an der ganzer Logik vun deem Mariage pour tous, deen d'Madamm Bofferding jo och rappeliert huet -, datt een dee Begrëff „Papp“ souguer soll sträichen an ebe just den „parent 1“, „parent 2“ oder „conjoint“ soll benotzen, also datt een eleng schonn d'Begrëfflechkeet vu Mamm a Papp, wéi se och aus dem Code civil erausgeholl ginn ass, sollt vergiessen. Et ass eng Fiktioun!

D'Kand huet net méi d'Chance op eng vraisemblable Filiatioun. Dat ass fir eis e grave Problem zulaaschte vun de Kanner an och zulaaschte vun deene Koppelen, heterosexuelle Koppelen, déi Kanner wëllen adoptéieren. Well et si jo eng Rei Länner, déi eis keng Kanner méi ginn, well mer de Mariage pour tous ageféiert hunn!

Et ass jo och net normal, wann ee seet „Mamm a Mamm“. Kee Kand op dëser Welt huet zwou Mammen! Kee Kand op dëser Welt huet zwee Pappen! Dat ass eng reng Fiktioun. A wann ee seet, zwou Mammen, a mir féieren elo e Congé an, da seet een u sech GPA, pardon, PMA normalerweise, mat allen ethesche Problemer, déi domadder verbonne sinn. A wann ee seet, Papp a Papp, da seet een normalerweise Leihmutterschaft, well Adoptioun meeschtens iwwerhaupt net méiglech ass, eppes, dat hei am Land, wéi d'Madamm Loschetter och seet, soll verbuede ginn, mä mat allen Dieren op fir datt, wann eng Leihmutterschaft am Ausland organiséiert gëtt, déi dann och sollen d'Méiglechkeet hunn, fir e Congé d'accueil oder soss eppes ze kréien.

Hei si mer am volle Beräich vun der Neikonstruktioun vun der Famill aus reng ideologesche Grënn, vun der Filiatiounsdiskussion aus reng ideologesche Grënn, a wou mir als ADR soen: „Hei gëtt eppes organiséiert, och iwwert de Wee vum Congé, wou eng ganz Rei vun ethesche Problemer domat verbonne sinn!“

Dat Drëtt ass de Congé postnatal. Do wëlle mer awer och soen... Mir kënnen et matdroen! Et ass net, datt mer och do eppes dergéint hätten, mä mir wëllen awer och do opmierksam maachen op déi Kriticken, déi zu Recht vun der Chambre des Métiers an och vun der Chambre des Salariés formuléiert gi sinn.

Et gëtt ganz lücht an eiser Gesellschaft hautdesdaags geschwat vu Leit, déi benodelegt wären ee géintwärtig deem aneren, och, an dat ass dee wichtige Punkt, wa se objektiv an enger anerer Situatioun sinn! Eng Mamm, déi niert, ass objektiv an enger anerer Situatioun, och medezinnesch, wat hire ganze Kierper an esou weider ugeet, wéi eng Mamm, déi net niert!

Do war also deen Ennerscheid, deen do gemaach ginn ass, begrënn, medezinnesch begrënn, wéi och d'Chambre des Métiers eis et rappeliert. An dofir woren eben zwou objektiv

aner Situatiounen do, déi och anescht beuerteelt gi sinn am Aarbechtsrecht. Och wor e politesche Wunsch do, näamlech d'Nieren ze encouragéieren. Och dat gëtt elo duerch déi hei Reform e bëssen a Fro gestallt.

A schlussendlech gëtt et eng Kummer, näamlech d'Chambre des Salariés, déi och freet: Wéi ass et da mat den Naissances multiples, wann een Zwillingen, Drillingen an esou weider kritt? Och dat ass leider hei net berücksichtegt ginn.

Wann ech dat also wëll zesummefaassen, dann ënnerscheet eis an deene meeschte Punkte vun dësem Gesetz wéineg vun der Regierung. Mir stëmmen et net mat, well mer ze vill Kriticken hunn. Mir enthalen eis. Mä et sinn eng ganz Rei Punkten, wou eis och ganz vill vun Ärer Politik trennt, an zwar all Keiers virun allem do, wou et ëm den Interessi vum Kand geet, virun allem do, wou eng Berufskategorie par rapport zu enger anerer objektiv benodelegt gëtt, an dësem Fall d'Fonction publique par rapport zum Secteur privé. Et ass e Gesetz, wat a verschiddene Punkten op e gudde Wee geet, mä op anere wierklech de Contraire mécht.

Mir wäerten eis enthalen. Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. A leschte Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Kënnt Der lech nach drun erënneren, wéi am Mäerz dëst Joer zwee jonk Leit dosouzen, déi eng Petitioun am Januar lancéiert haten, déi innerhalb vun nëmmen e puer Deeg d'Rekorder gebrach huet, näamlech an e puer Deeg 4.500 Ennerschrëften hat an e puer Deeg drop déi symbolesch Mark vun 10.000 Ennerschrëften iwwerschratt hat? Et war e bëssen eng Bouffée d'air frais als Petitioun, well et ass emol eng Kéier net drëm gaangen, a wéi enger Sprouch e Croissant soll bestallt ginn oder wéi d'Kappbedeckung vu Frae soll ausgesinn, mä et ass ëm Aarbechtsrecht a Sozialrechter gaangen.

An déi zwee jonk Leit hunn eng Gewerkschaftsfuerderung als Petitioun erabruucht, näamlech d'Fuerderung no der sechster Congéswoch, fir d'Eropsetze vum legale Mindestcongé vu 25 op 30 Deeg. Si hunn hir Argumenter hei exposéiert, an op der Géigesäit war d'Majoritéit vun den Deputéierten, déi deem awer kritesch géigeniwwerstellungen a gesot hunn, dat wier net appropriéiert, dat op 30 Deeg eropzesetzen, et misst een aner Weeër fannen. Et wier e Gesetz iwwer Harcèlement an der Maach. An et ass sech op dat heite Gesetz referéiert ginn, wat diskutéiert géif ginn a wat deene Problematike géif gerecht ginn.

Duerfir muss een dann och kucken, ob dëst Gesetz deem dann och esou gerecht gëtt. Dëst Gesetz huet Verbesserungen, an dat ass virun och schonn explizéiert ginn, an et huet Verschlechterungen.

Zu de Verbesserunge gehéiert op jidde Fall d'Aféierung vum Pappecongé vun zwee op zéng Deeg, dee fraktionabel ass. Dat heescht, et muss een déi zéng Deeg net an enger Kéier huelen an net direkt no der Gebuert, mä am Accord mam Patron kann een och zweemol fënnf Deeg à la guise huelen, bannent deenen éischten zwee Méint no der Gebuert.

Et muss een allerdéngs dem Patron e Preavis schécke vun zwee Méint, wat deemno wéi zu Problemer awer féiere ka bei Fréigebueren, also bei Leit, déi eigentlech besonnesch problematesch Situatiounen hunn, wou de Patron kéint soen, datt en ze spéit de Preavis kritt huet, an dann, an deem dote Fall géif et dann zrëckgesat ginn op den Istzoustand, näamlech op zwee Deeg, déi direkt ze huele wieren am Fall vun der Gebuert.

Positiv ass och, an och dat ass hei gesot ginn, datt et emol eng Kéier eng positiv Flexibilisierung vum Congé am Interêt vum Salaré ass. Wat de Congé pour raisons familiales ugeet, war et bis elo esou, datt d'Leit, d'Pappen an d'Mammen Urecht haten op zwee Deeg pro Joer, déi se konnten huelen am Fall, wou hiert Kand krank war. Dat gëtt elo an Tranche-d'âge gerechent an der Realitéit eigentlech méi no bruecht, wou et näamlech ka sinn, datt e Kand eng Woch laang krank ass an et muss een eng Woch laang - zu engem bestëmmten Alter - doheem bleiven. Dat ass dann iwwert dat heiten ofgedeckt. Ech mengen, dat ass wierklech e Fortschrëtt a warscheinlech och déi fortschrëttlechste Mesure an deem heite Gesetz.

Positiv ass awer och, datt de Congé beim Doud vun engem Mannerjärege, also bei engem Kand, wat mannerjärege ass, vun dräi op fënnf Deeg eropgesat gëtt, woubäi ee sech d'Fro allerdéngs stelle kann, firwat mer net iwwer gaange sinn an de Regimm, datt een, wann een e Mensch am éischte Grad verléiert, insgesamt vun dräi op fënnf Deeg géif eropgoen. Ech kommen drop zrëck, firwat dat vläicht hätt kënnen interessant ginn.

Gutt ass awer och de Congé postnatal, dee vun aacht op zielef Woche systematiséiert gëtt, wat eng iwwerfällg Upassung ass, besonnesch well Fraen elo net méi mussen eng zum Deel awer humiliant oder tendenziell humiliant Preuve weisen, datt se nieren, fir kënne véier Woche weider Congé ze kréien.

De Congé d'accueil fir Kanner ënner zielef Joer, déi adoptéiert ginn, gëtt deementsprechend och op zielef Wochen ugepasst. Dat si Verbesserungen. An do muss een unerkennen, datt dat och Verbesserung sinn!

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

An ech hat och wëlles, eigentlech mat zwar e puer kritesche Bemerkungen, dat heite Gesetz ze stëmmen. Mir wäerten et och maachen. Mä ech hu mer, wéi ech de verschiddene Majoritéitsvertrieder nogelauschtert hunn, awer geduecht: Dat do kann dach net sinn! Et kann net sinn, datt déi Verschlechterungen einfach gerechtfertigt gi mat: „Bon, dat ass iwwerfällg, datt dat gemaach gëtt. Et ass net méi ugepasst un d'Modernitéit, un eis Zäiten“, wa Congé-extraordinaires, déi Leit zegutt hunn, einfach esou gestrach ginn!

Datt een eventuell seet: „Et ass e Kompromëss, deen aus Verhandlungen entstanen ass“, wou dat doten eventuell aus engem schlechte Kräfteverhältnis als Kompromëss erauskomm ass, jo, dat kann een als Argument huelen. Woubäi ech als Deputéierten dann nach ëmmer d'Recht hunn, deem Kompromëss net mussen zoustëmmen. Dat ass awer zumindest en Argument, wat ech hätt kënnen akzeptéieren. Awer et ideologesch ze rechtfertigen, dat fannen ech net an der Rei!

Déi Verschlechterunge bestinn doranner, datt beim Bestietnis de Congé vu sechs op dräi Deeg erofgesat gëtt a beim Pacs vu sechs op een Dag. Fir d'Elteren, déi virun, wann hir Kanner gepacst oder bestuet gi sinn, jo och Urecht op zwee Deeg haten, gëtt de Congé beim Bestietnis op een Dag a beim Pacs op null erofgesat. Also, eng Baisse vun extraordinäre Congésdeeg ass sécherlech kee Fortschrëtt a keng fortschrëttlech Politik an net am Interessi vun de Salariéen. Ech géif dat awer gär festhalen hei!

An da muss ech awer soen, datt ech awer och bass erstaunt war, wéi ech d'Argumentation gelies hu vun der Begrënnung vum ënnerschiddlechen Traitement vum Mariage a vum Pacs. Et ass richtig, datt am Ufank dem Pacs iwwerhaupt kee Congé zougestane ginn ass. Mä dat ass geännert ginn 2010, well de Pacs sollt gläichgestallt gi mam Mariage, awer net nëmme fir gläichgeschlechtlech Koppelen, mä fir jiddwereen!

Ech hunn 2011 mech gepacst an ech hat Urecht op sechs Deeg Congé. Ech hunn e Choix getraff, mech näamlech ze pacsen a mech net ze bestueden. An dee Choix, dee war gläichberechtigt unerkannt! Hei, mat deem heite Gesetz gëtt dat bewäert, wat ech gemaach hunn. Ech hunn näamlech just nach Urecht op een Dag Congé an net en Urecht op dräi Deeg, wéi am Fall vum Bestietnis. Ech mengen, datt Der do de Beräich vun der Sozial- an der Familljepolitik iwwerschrëit an Der eigentlech Gesellschaftspolitik maacht, näamlech eng Bewäertung vun där enger oder anerer Form vu Liaison.

A wann Der dat wëllt maachen, da stellen ech mer awer d'Fro: Wéi gesäit dat dann an Zukunft weider aus mat der Sécurité sociale, mat der Fiskalitéit, wou et jo och eng Gläichstellung, eng partiell Gläichstellung gëtt vum Mariage a vum Pacs? Ech mengen, datt dat do kee gudde Choix war.

Madamm Presidentin, et ginn awer och Gewënner, daitlech Gewënner bei dësem Gesetz. An dës daitlech Gewënner, dat sinn d'Patronen! Si haten näamlech e Kompromëss ausgehandelt, wou se op där enger Säit sollten Deeg ewechgeholl kréien, op där anerer Säit nei Deeg sollte ginn. Am Kader vun der Erweiderung vum Pappecongé vu fënnf op zéng Deeg ass hir Obligatioun, näamlech datt si d'Augmentatioun vun zwee op fënnf Deeg am Ufank hätte sollen aus der eegener Täsch bezuelen, wat se kompenséiert kritt hu mam Bestietnis, ewechgefall.

Dat heescht, de Patron bezilt keng vun deenen neie Forme vu Congé. En huet awer de Gain financier, dee bei dräi Aachtel vun zielef Milliounen, also ongeféier bei 4,5 Milliounen läit, déi d'Patrone gewannen, also e bessert Resultat kréie wéi dat, wat se an den Negotiationen verhandelt hunn.

Bon, elo kann ee soen: Fir d'Salariéë kënnt et jo awer insgesamt zu enger Null-plus-Situatioun: D'Verbesserungen iwwerweien d'Verschlechterungen, dat mengen ech och. Mä et stéisst engem awer schweier op, ze gesinn, datt d'Patronen eppes verhandelen, an duerno, no der Intervention vun der Chamber, kënnt et dann dozou, datt se eigentlech nach méi gewannen, wéi se ursprénglech ausgehandelt haten.

Madamm Presidentin, als Of Schloss géif ech soen, datt dat hei leider kee grouse Worf ass. Et si partiell Verbesserungen, deenen och partiell Verschlechterunge géigeniwwerstinn. Et ass, mengen ech, en Null-plus fir de Salaré. Mä wat feelt, ass eng strukturell Verbesserung vum Congé. An ech mengen, fir op den Ufank zrëckzekommen, datt déi Fuerderung vun deenen zwee jonke Leit, déi hei souzen, nach ëmmer aktuell ass.

Déi sechst Congéswoch ass eppes, wat muss kommen, well se der Realitéit vun haut entsprecht. Mir ënnerstëtzen och d'Fuerderung, wat een och hätt kënnen an deem heite Kontext ëmsetzen a wat et a verschiddene Kollektivverträge gëtt, näamlech de Congé social, wou et net nëmmen drëm geet, sech ëm d'Kand ze këmmere, mä sech eventuell och ëm säi Partner ze këmmere a verschiddene Fäll. Et ginn esou Beispiller. Et gi Kollektivverträge, wou dat esou ausgehandelt ginn ass. Mir mengen, datt dat och misst an den Droit commun kommen an zum allgemengen Aarbechtsrecht gehéieren.

An eng lescht Fro - domat halen ech dann op, Madamm Presidentin -, déi mat der Aktualitéit ze dinn huet, un den Aarbechtsminister: Déi 52-Woche-Regelung fir Leit, déi méi wéi 52 Woche krank sinn, hunn ech héieren, soll jo elo geännert ginn an ausgeweit ginn. An an deem heite Gesetz gëtt et och esou eng Regelung, wann d'Kand 52 Woche krank ass. Gëtt dat och an deem heite Fall fir d'Eltere vun deem Kand applizéiert oder net? Dat ass meng lescht Fro.

Dëst gesot a mat dëse kritesche Remarques ofgeschloss, stëmme mer dem Projet awer zou.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum.

(*Brouhaha*)

Ee Moment. Sou, d'Regierung huet elo d'Wuert. Ech ruffen elo den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit, erop, dee schonn ënnerwee ass. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, léif Kollegen aus der Regierung, ech mengen, haut ass e gudden Dag fir eng fortschrëttlech Familljepolitik. Haut ass och e gudden Dag, fir effektiv dat ze realiséieren, wat eng Rei Riedner scho gesot hunn, fir dat beruflecht Liewen an d'Familljeliewe besser beieenezebréngen.

Haut ass och e gudden Dag, fir e Schrack méi ze maachen a Richtung vu méi Gläichheet tëschent Mann a Fra. A grad do, Här Kartheiser, wéilt ech lech eng Fro stellen: Ass et Ideologie, wann ee fir Gläichheet tëschent Mann a Fra ass? Ass et Ideologie, wann ee géint all Form - all Form - vun Diskriminatioun ass? Ech mengen, do ass net Ideologie op onser Säit, do ass Ideologie vill méi op Ärer Säit.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Bon, ech mengen, den Här Kartheiser kann do...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Jo, Här Minister, erlaabt Der, dass den Här Kartheiser lech dorop äntwert?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo natierlech, duerfir hunn ech et jo gemaach.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Kartheiser, et ass un lech.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Madamm Presidentin, ech soen lech Merci. Den Här Minister huet mer eng Fro gestallt, déi ganz einfach ass. Déi éischt Fro, mengen ech, Gläichheet tëschent Mann a Fra, dat hänkt dovun of, wat domadder gemengt ass. Mann a Fra sinn...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Aah!!

(*Brouhaha*)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Däerf ech äntweren?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Wann Der domadder mengt, datt Mann a Fra déiselwech



Rechter sollen hunn, dann ass dat selbstverständlech „Jo“, datt se déiselwecht Chancë sollen hunn, dann ass et selbstverständlech „Jo“. Wann awer eng Obligation de résultat domat verbonnen ass, dann ass et selbstverständlech „Nee“, well déi Gläichheet gëtt et och net tëschent zwee Männer oder tëschent zwou Fraen. Dat heescht, et muss ee scho gesinn, wat de Legislateur ka maachen, fir eng rechtlech Gläichbehandlung an eng rechtlech Chancëgläichheet ze garantéieren, mä et ass net um Legislateur, fir eng Obligation de résultat virzugesinn.

Déi zweet Fro iwwert d'Diskriminatioun, ech mengen, déi ass in extenso an der rechtlecher Literatur beäntwert ginn. Eng Diskriminatioun läit da vir, wa Leit an enger objektiver Situation d'selwecht behandelt ginn oder wa Leit an enger objektiv selwechter Situation anescht oder ongerecht behandelt ginn. Wann dat den Diskriminationsbegrëff ass, vun deem Dir schwätzt, Här Minister, dann ass et deeselwechte wéi deen, vun deem mir schwätzen.

Wann et en aneren ass, ech mengen, dann hu mer wahrscheinlech eng aner Vue.

Merci.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Ech mengen, hei gëtt d'Gläichheet ganz staark relativiséiert an de Prinzip vun der Netdiskriminatioun och. Ech mengen, domat hu mer d'Saachen op deem Punkt gekläert.

Ech wëll hei just op den Här Spautz agoen, deen ons rappeliert huet, datt déi Diskussioun iwwert de Pappecongé 1999 schonn am Raum stoung. An ech bedauern, datt dat 1999 - wie war deemools Aarbechtsminister a wie war deemools Familljeminister, dat wëll ech elo net hannerfroen - net zu engem Resultat komm ass. Well ech muss soen, d'Pappecongé sinn et och schonn deemools a ville Länner an Europa ginn. A Lëtzebuerg ass haut, géif ech soen, eent vun deene rare Länner, wat elo eigentlech erëm ophëlt an an e Grupp kënnt, wou effektiv de Pappecongé unerkannt ass. Well zwee Deeg, ech mengen, d'Madamm Rapporteur huet et jo gesot, dat kann ee jo net als e Pappecongé ugesinn.

Duerfir begrëssen ech et natierlech, datt mer haut an déi fortschrëttlech Richtung ginn. An ech mengen, ech brauch elo net laang op de Fong vun deem Gesetz hei anzegoen, well d'Madamm Rapporteur huet dat jo gemaach. Mä ech muss awer feststellen, datt et laang Zäit gebraucht huet, vun 1999 bis zu där heite Regierung.

An ech muss do soen, meng Kolleegin Familljeministesch war ganz schnell, wéi mer iwwert den Dossier Congé parental geschwat hunn, wou Dir jo ëmmer e bësse sot, dee misst nach méi flexibel ginn an e wier ze deier. Dat heescht, Dir wëllt e méi bëlleg maachen. Dat heescht, Dir wëllt eigentlech, datt manner Leit e sollen huelen. An ënner „flexibel“, do weess ech net, wat Der dorënner verstitt. Mä wéi mer déi Dossieren nei verhandelt hunn, ass d'Madamm Familljeministesch komm an huet gesot, mir mussen déi Congéen, a besonnesch de Congé vun de Pappen, änneren.

A mir hunn dat deemools an de CPTE bruecht. Dat war 2014. Dat ass also schonn eng Zäiten hier. Mir hunn zimlech laang gebraucht, fir dodriwwer ze diskutéieren. D'Gesetz ass dun 2016 komm an dun ass e Fait nouveau komm. An dat war effektiv déi Proposition vun der Kommissioun am Kader vum Pilier des droits sociaux, déi gesot huet, europäesch soll et e Minimum gi vun zéng Deeg Pappecongé.

► **Une voix**.- A wien ass de President?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Den Här Juncker, jo, dat erkennen ech un, domat hunn ech guer kee Problem, deen awer 1999...

(**Brouhaha**)

...deen awer 1999 de Congé parental just als eng Mesure gesinn huet, fir géint de Chômage virzegoen, an net als eng familljepolitesch a Gläichheitsmesure fir Mann a Fra am Berufsliewen, mä deen haaptsächlech dun nëmme de Congé parental als Chômagemesure gesinn hat. Dat wësst Dir och. Villes huet sech an der Tëschenzäit entwéckelt. Villes huet evoluéiert an ech begrëssen och, datt Leit, déi vläicht net op deem Standpunkt deemools waren, elo haut op engem vill méi oppene Standpunkt sinn.

Ee Wuert iwwert d'Fonction publique. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, datt eigentlech ni ee Mënsch sech doriwwer opgereegt huet, datt de Pappecongé an der Fonction publique véier

Deeg war - véier Deeg - an am Privatsecteur zwee Deeg. Do huet kee gesot: „E Kand ass e Kand an e Papp ass e Papp.“ Mä neen, e Fonctionnairespapp hat véier Deeg an en Netfonctionnairespapp hat zwee Deeg! An da soen ech lech elo ganz kloer: Natierlech wäert et ganz schnell zu enger Adaptatioun an der Fonction publique kommen.

Éischtens emol, wann déi Direktiv, esou wéi se jo doläit an esou wéi se negociéiert gëtt, amgang ass negociéiert ze ginn, wann déi adoptéiert ass, da stellt sech déi Fro net méi: Fonction publique géint Secteur privé. Déi Mesure, déi jo dann europäesch Recht gëtt, déi muss applizéiert gi fir jiddwereen. Also déi zéng Deeg ginn dann absolutt och applizéiert an der Fonction publique.

En attendant bleift de Statut vun der Fonction publique deen, deen et ass. An de Statut ass jo ëmmer och eng Saach vun Negociatioun tëschent dem Patron Stat a senge Beschäftegten, de Fonctionnaires an Employéen, a bleift natierlech och esou bestoen, wéi dat elo steet an deem sougenannten „Kollektivvertrag“, wann ech dat emol esou dierf soen, deen an der Fonction publique besteet. Mir änneren dat elo net. An déi aner Dispositionne sinn dann natierlech och Objet vun Negociatiounen tëschent de Sozialpartner an der Fonction publique.

Elo e Wuert zu enger ganz berechtigter Fro iwwert d'Kollektivverträge, wou déi verschidde Congéen dra virgesi sinn. Do, mengen ech, si mer ganz kloer: Wann e Kollektivvertrag ofgeschloss ginn ass op Basis vun enger Disposition légale, déi kloer war dee Moment, esou wéi se dee Moment war, da kann et elo net sinn..., wann déi geännert gëtt - besonnesch wa se en défaveur geännert gëtt, dat heescht e bësse manner favorabel ass, well dräi ass jo manner wéi sechs -, dann heescht dat natierlech, datt de Kollektivvertrag weider esou leeft mat deenen Zuele vun Deeg, déi deemools applikabel waren.

Wann dee Kollektivvertrag ausleeft an et géif kee Kollektivvertrag méi ginn, dann applizéiert sech dat Gesetz esou, wéi et ass. Wann et en neie Kollektivvertrag gëtt, da muss eben negociéiert ginn op Basis vun deem, wat Gesetz ass, an deem, wat d'Sozialpartner an engem Kollektivvertrag ënner sech ausmaachen. Dat, mengen ech, ass also eng ganz kloer Linn. An duerfir brauche mer och elo net weider doriwwer ze schwätzen.

Ech sinn och iwwerrascht, wann elo op eemol iwwert d'Komplexitéit vun deene Mesuren do geschwat gëtt. Also ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt mer zwar iwwert d'Digitaliséierung schwätzen, datt alles computeriséiert ass, mä wa mer dräi an dräi mussen zesummenzielen, dann ass dat eng Komplexitéit, déi kee Mënsch ka maîtriséieren. Mä ech soen lech, dat gëtt haut scho gemaach.

Wann e Computerprogramm existéiert, dann ass dat kee Problem ze kucken, ob déi Persoun während deenen éischte véier Joer, wann d'Kand krank ginn ass, hire Congé geholl huet oder net. An dat ass iwwerhaapt keng Komplexitéit, och net fir e Betrib, déi och, mengen ech, alleguer e Computer hunn. An et brauch ee kee ganz décke Computer duerfir. An natierlech gëtt déi Kontabilitéit gemaach an der Sécurité sociale.

Duerfir, wann ech gelift, kommt dach net ëmmer erëm mat där Problematik vun deem Alourdissement vun de Prozeduren! Hei ass et eng ganz einfach Saach vun Addition. An ech mengen, all relativ einfache Computer bréngt et fäerdeg, dat ze maachen.

Elo hunn ech nach ee Punkt, dat ass mat deem Plënnere. Ech hunn héieren, mir géifen do d'Saache verschlechteren. Neen, d'Leit behalen déi zwee Deeg beim Plënnere. Just muss mer jo soen, haut hu sech vill Saache geännert: D'Leit plënnere méi oft, wéi se dat an der Vergaangenheet gemaach hunn. Soss sinn d'Leit am Liewen eemol, zweemol, vläicht dräimol geplënnert. Haut plënnere se vill méi oft. An dat ass hiert gutt Recht, esou oft ze plënnere, wéi se wëllen.

De Punkt ass, ob dat elo muss onbedéngt all Kéiers och dem Patron imputéiert ginn, dat léisst sech diskutéieren. An duerfir, mengen ech, ass deen Deal hei fonnt ginn, fir ze soen: Okay, all dräi Joer dierf ech plënnere, dierf ech zwee Deeg fräi kréien. Wann ech awer léiwer all sechs Méint plënnere, okay, dat ass kee Problem, mä da muss ech dat eben op Käschte vu mengem eegene Congé maachen. Mir verschlechteren hei näischt. Mir adaptéieren awer wierklech eppes, wat haut anere Realitéiten entsprécht wéi virun zéng, virun zwanzeg oder viru fofzeg Joer.

An an deem Sënn, mengen ech, ass iwwerhaapt deen Text hei geduecht, och wat déi aner Elementer vum Congé ugeet. A grad iwwer ee Volet wollt ech d'Madamm Famillje-

ministesch froen ze intervenéieren, besonnesch déi Saach mam Allaitement a mam Congé vun de Fraen. Voilà.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Minister Schmit. Dann ass et elo un der Madamm Familljeminister Cahen. Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ass haut e ganz, ganz groussen Dag fir d'Familljen hei zu Lëtzebuerg. Mir maachen hei wierklech aktiv Familljepolitik fir déi jonk Familljen, fir d'Mammen, fir d'Pappen, fir d'Conciliatioun vum Berufsliewe mam Privatliwen, fir d'Organisation vun de Familljen. An Dir hutt et grad schonn e puermol héieren, et geet hei ëm ganz verschidde Voleten.

De Pappecongé, do ass vill driwwer geschwat ginn. Déi jonk Pappe vun haut, an et sëtzen der och e puer heibannen, déi wëssen, dass och si wëllen eng Bindung zu hire Kanner opbauen. Si wëssen, dass och si wëlle méi Zäit mat hire Kanner verbréngen. An dofir ass et wichteg, net nëmme fir d'Mamm, mä och fir de Papp, fir méi Zäit mat de Kanner ze verbréngen.

Ech géif awer gären als Fra an als Mamm a virun allem als Fra, déi ganz laang geniert huet all Kéiers, eppes zum Congé d'allaitement soen. An ech géif do awer gären op en Zitat vun lech, Här Spautz, zréckkommen. Dir hutt näamlech gesot: „Dat gëtt fir d'Doktere méi einfach.“ Ech fannen dat ganz interessant als Fra, wa mer iwwert de Congé d'allaitement schwätzen, dass Der ons sot, dass dat da fir d'Doktere méi einfach gëtt.

(**Brouhaha**)

Et gëtt virun allem fir d'Frae méi einfach! Et gëtt virun allem fir d'Frae méi einfach. An ech hu jo gesot, dass ech laang geniert hunn, an ech hoffen eben dofir, dass nieren dat Beschte ass, wat ee fir seng Kanner ka maachen, wann ee seng Kanner laang niert. Mä ech weess net, ob Dir schonn eng Kéier eng Fra gesinn hutt...

(**Brouhaha et hilarité**)

...- ob Dir schonn eng Kéier geniert hutt, wollt ech net froen, mä ob Dir schonn eng Kéier eng Fra gesinn hutt -, déi hätt wëllen nieren a wou et net geklappt huet an déi sech kristillegt huet an déi sech forcéiert huet, fir sech bis deen éischte Rendez-vous beim Gynéko - an do si mer jo da bei den Dokteren - ze kristillegen, fir ze nieren, och wann et net geklappt huet a wann et wéi gedoen huet a wa se Entzündungen hat, just fir déi véier Woche Congé do méi ze kréien.

An dann nach en anere Volet als Fra, déi laang geniert huet: Ech fannen, dass d'Fraen de Choix mussen hunn, ob se wëllen nieren oder net. An dat ass hire fräie Choix. An et ass net un iergendengem Legislateur, de Frae virzeschreien, e schlecht Gewëssen ze hunn, oder hinne virzeschreien, firwat. Dat ka ganz verschidde Grënn hunn, firwat se vläicht net wëllen nieren. Ech fannen, dass dat de Legislateur näischt ueegt! Ech si wierklech frou an ech fannen, dass dat fir d'Fraen e risegrousse Schrëtt ass a Richtung - 2017 -, dass d'Fraen haut selwer kënnen hir Decisiounen huelen an dass se net méi vum Legislatuer forcéiert ginn ze nieren, wa se et net wëllen. Ech fannen, dat ass wierklech fir d'Fraen e ganz, ganz groussen Dag haut!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- A vum Dokter ofhänken.

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- A vum Dokter ofhänken, jo.

De Congé pour raisons familiales. Et ass scho vill driwwer gesot ginn. Ech wëll dofir net ze vill laang doriwwer schwätzen. Mir wëssen alleguerten, dass, wann d'Kanner kleng sinn, se dann éischtens emol méi dacks krank sinn, mä virun allem, dass se vill méi Assistenz brauchen. Wann Dir en zwee Joer aalt Kand doheim hutt, wat eng Angine, eng Otite oder soss iergendwéi e Schnapp, en Houscht a Féiwer huet, da sidd Dir de ganzen Dag méi wéi beschäftegt mam Kand. Dat wëllt ameséiert ginn, dat wëllt occupéiert ginn.

Wann Der e 14-järegt Kand hutt, wat krank ass an eng Angine oder eng Otite huet, dat ass éischter frou, wann een et dann e bësselche mat Rou léisst, nodeems een em säi Sirop oder seng Pëlle ginn huet, fir d'Féiwer erofzesetzen. An dofir ass et esou wichteg, dass mer déi Congéé méi flexibel maachen, fir dass d'Eltere sech besser kënnen organiséieren, wann d'Kanner se och wierklech brauchen. Well dorëms geet et ons jo.

An da vläicht nach en anere Volet, deen och ugeschwat ginn ass, deen och haut hei mat-gestëmmt gëtt: Bis elo hat een zwee Deeg

Congé zegutt pro Joer pro Elterendeel pro Kand, bis d'Kand 15 Joer al war. Mä wann Aert Kand 17 Joer al ass a mat engem geplatzene Blinddarm, soen ech emol, an d'Klinik kënnt, da wäert Dir als Elterendeel och gäre fir Aert Kand do. An dofir sinn ech immens frou, dass mer och do en Accord fonnt hunn, fir déi fënnel Deeg nach eng Kéier bäizeginn, wann e Kand iwwer 13 Joer dann an d'Klinik kënnt.

Déi lescht Deeg ass hei vill iwwert de Budget geschwat ginn, iwwert d'Finanzinvestitiounen. Abee, ech soen lech haut: Dat Gesetz hei ass eng gutt Investitioun an d'Liewensorganisatioun vun de Mënschen hei am Land! Dat ass eng Investitioun an d'Kanner, dat ass eng Investitioun an d'Zukunft vun de Familljen zu Lëtzebuerg an dat ass eng Investitioun och an de Standuert Lëtzebuerg. Well och dat ass wichteg: Eng modern Familljepolitik ass immens wichteg fir e modernt Land a fir de Standuert Lëtzebuerg, mat deem mer ons jo awer gäre bretzen.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence**.)

Mä dëst ass - mam Nicolas zesummen - nëmme e Puzzlestéck. Et ass ee weideren Deel an enger moderner Familljepolitik. Mir mussen och weiderschaffen. Mir musse weiderschaffen. D'Betrib haut wësse ganz genau, dass d'Leit haut net nëmme méi schaffe kommen, fir Suen ze verdéngen. Hir „work-life balance“ ass hinne wichteg. Et ass hinne wichteg, frou op der Aarbecht, awer och frou ausserhalb vun der Aarbecht ze sinn.

Ech wëll als Familljeministesch net bei deem stoe bleiwen, wat mer eben haut erreecht hunn. An ech hunn nach e ganz grouse Wonsch als Mamm an och als fréiere Patron, näamlech deen, dass mer weiderfuere mat den Diskussiounen ronderëm méi flexibel Aarbechtszäite fir d'Salariéen, fir d'Betriben, an och iwwer alternativ Aarbechtsmodeller, wéi se haut schonn an der Diskussioun sinn. Ech nennen emol den Teletravail, mä et ginn och nach aneren.

D'Besoine vun de Betriben, déi gläiche ganz dacks de Besoine vun de Mataarbechter. An d'Betriben hätte gäre Mataarbechter, op déi se ziele kënnen. Si hätte gäre gutt Mataarbechter. A fir haut gutt Mataarbechter ze kréien, muss een deene Mataarbechter och eppes bidden. Dat heescht, haut ass et ganz dacks esou, dass d'Leit sech hire Betrib eraussichen, an net méi de Betrib säi Salarié.

Nach e Wuert zum CPTE. Den Här Spautz hat et ugeschwat: Fir d'Éischt hate mer fënnel Deeg, du si mer erop op zéng Deeg gaangen, nodeems d'Chamberskommissioun dat zesumme mam Minister Schmit gefrot hat. Mä et war mir wichteg, dass ee mat de Patronen nach eng Kéier schwätzt, well et war en Accord do. An dun hunn d'Patrone gesot - an ech muss deenen och awer eng Kéier vun hei aus Merci soen -, dass si d'accord wäeren, vun zwee op zéng Deeg an net vun zwee op fënnel Deeg Pappecongé eropzegoen. Ech mengen, dass dat awer och engem grouse Merci hei bedarf, well dat war net evident, well mir hate jo en Accord.

An ech mengen, dass dat wierklech ganz wichteg a flott war, dass d'Patronat domadder averstane war, fir do op déi zéng Deeg weider eropzegoen, ebe well si wëssen, dass d'„work-life balance“ wichteg ass, a well si wëssen, dass et wichteg ass. A si wësse jo och vum Terrain all Dag, dass et ganz, ganz weíng Pappe ginn... Also ech kennen elo keen direkt, deen net en normale Congé nach geholl huet dee Moment, wou e Papp ginn ass.

Erlaabt mer awer virun allem, e Merci haut lasszeginn. Ech géif gäre virun allem menge Regierungskollegen, an do virun allem dem Nicolas Schmit, Merci soen. Ech géif gären dem Nicolas Merci soen, dass e mat op dee Wee gaangen ass, fir mat de Sozialpartner iwwert déi Proposen hei ze schwätzen, dass e sech staark gemaach huet fir d'Elteren hei am Land, fir d'Kanner hei am Land, dass e gekämpft huet, fir dass méi Gerechtegkeet kënnt, och tëschent Mann a Fra, dass mer dee Congé d'allaitement endlech kënnen begruuewen an dass all d'Fraen deen nämelechte Congé de maternité kréien. Dofir géif ech gären dem Nico Schmit, awer och dem Romain Schneider, villmools Merci soen, dass Der mer op dësem Wee hei gehollef hutt.

Ech mengen, dass dat heiten e ganz, ganz wichteg Schrëtt war. Et war ee weidere Schrëtt, et war sécher net dee leschte Schrëtt!

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Une voix**.- Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A Merci der Chamber, dass se der Madamm Minister zwou an eng hallef Minutte bäiginn huet.



Voilà, da géife mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7060 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7060 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

57-mol Jo bei 3 Abstentiounen, domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech ginn dovun aus, dass mer d'Dispens fir den zweete Vott froe wäerten?

(Assentiment)

Merci. Dann ass d'Dispens och ugefrot.

Den nächste Projet ass de Projet de loi 7144, deen den Ausbau vun der A3, der Autobunn Stad-Diddeleng, betrëfft. An d'Wuert huet elo een aus der Nopeschgemeng, d'Madamm Josée Lorsché.

5. 7144 - Projet de loi relatif à la mise à 2x3 voies de l'autoroute A3

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), rapportrice.- Merci, Här President. Jo, mir kommen zu engem aneren Thema: vum Elterecongé op d'Strooss. Léif Kollegeinnen a Kollegeen, bei dësem Projet de loi geet et, wéi gesot, ëm den Ausbau vun der Diddelenger Autobunn, der A3, op jeeeweils dräi Spueren tëschent dem Gaasperecher Kräiz an der franséischer Grenz.

Dës Autobunn ass 1978 gebaut ginn, gehéiert zum transeuropäesche Stroossereseau TERN a méi speziell zum Korridor E25, dee Rotterdam mat Genua a Palermo verbënnt.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Zu Lëtzebuerg verbënnt se Diddeleng mat der Hauptstadt a verleeft laanscht den Territoire vun de Gemengen Diddeleng, Beetebuerg a Réiser mat den Uertschafte Krautem, Peppeng, Léiweng, Bierchem a Béiweng an zum Deel dann och nach laanscht den Territoire vun Hesper. Dëst op enger Längt vun eppes iwwer zwielef Kilometer, wat de lëtzebuergeschen Territoire betrëfft.

Weinst der Usiidlung vun neie Betriber an der steigender Zuel vun Aarbechtsplazen, net nëmmen am Südoste vum Land, mä och ronderëm d'Stad, an donieft och weinst dem Zouwuess vum Tourismus a Richtung Süden ass et kee Wonner, datt den Trafic op der A3 sech am Laf vun de Jorzéngte carrement multipliziéiert huet.

Mëttlerweil läit d'Moyenne vun de Gefierer, déi deeglech op der Strooss ënnerwee sinn, bei ganz genee 70.000 - dat hunn d'Comptagen erginn -, mat Spëtztze bis zu 90.000 Gefierer am Dag. 20% dovun bestinn aus Camionnetten a Camionen. Fir dësen extremen Trafic op der Autobunn besser ze geréieren, ass schonn zanter Enn vun den 90er Joren iwwer en Ausbau nogeduecht ginn, dëst mat verschiddene Varianten a verschiddenen Ukënnegungen.

Richteg konkret gouf den Ausbau dunno am Kader vun enger rezenter Verkéiersetüd, déi vun de Gemengen Diddeleng a Beetebuerg zesumme mat de Ponts et chaussées a mam MDDI realiséiert ginn ass. Déi huet sech iwwer e puer Joer gezunn.

An där Etüd gouf festgehalen, datt den Ausbau vun der A3 an de komplette Reamenagement vun den Echangeuren Diddeleng a Léiweng nieft villen anere Moossnamen déi adequaatste

Léisung wier, fir de Camiontrafic a Richtung Multimodal- a Logistikzentrum tëschent Diddeleng a Beetebuerg besser ze geréieren, awer och fir ze verhënneren, datt d'Camionen an d'Camionnetten duerch d'Niewestroosse vun den Uertschafte fueren, an och fir d'Sécherheet op der ganzer Streck ze verbessern, wou de gréisste Problem momentan op der Aire de Berchem läit. Do geschéie vill Accidenter.

E weidert Zil, wat den Nohaltegkeetsminister an der Kommissioun schonn ugeschwat huet a wat do op e breede Konsens gestouss ass, besteet doran, déi drëtt Spur fir d'Busser a fir de Covoiturage ze reservéieren an der nohalteger Mobilitéit op déi Manéier e Virdeel ze verschäfe par rapport zum Privattransport.

Des Weidere soll de Projet et erméiglechen, e Pôle d'échange mat engem Parking relais um Echangeur Diddeleng unzeleeën, dëst mam Zil, d'Frontalieren, déi jo e ganz groussen Deel vun de Benotzer ausmaachen, direkt hannert der Grenz opzefänken an déi Leit a Richtung Busan Zuchtransport ze orientéieren.

Fir ze verhënneren, datt den Trafic während dem Chantier muss ënnerbrach ginn, ginn d'Aarbechten a verschidde Phasen an a fënnef Louser agedeelt. Op den Tronçonen, déi am Chantier sinn, gëtt d'Vitesse op 70 km/h erofgesat, wat jo och am Ausland eng gängeg Praxis ass, wann op Autobunne geschafft gëtt. Woubäi ee muss soen, datt se momentan och net ëmmer méi héich ass, mä éischter méi niddreg, duerch déi grouss Zuel vun Autoen, déi do ënnerwee sinn.

Déi viraussiichtlech Bauzäit läit bei sechs bis siwe Joer. Fir d'Acquisitioun vun den néidegen Emprisen ze erméiglechen, gëtt de Projet d'utilité publique deklaréiert. Allerdéngs befënnt de Gros vun den Emprisé sech schonn haut an effentlecher Hand, soudatt op deem Niveau kee gréissere Problem wäert entstoën.

Här President, wéi bei all gréisserem Bauprojet ginn et och bei dësem Bauprojet eng ganz Rei Kompenséierungsmoossnamen, déi schonn all geplangt sinn. Dobäi muss ee wëssen, datt déi staark Fragmentéierung vun de Bëscher laanscht d'A3 op d'Aarbechte vu virun 1978 zrëckzeféieren ass. Dat war déi Zäit, wou nach kaum rieds goug vun Naturschutz a Kompenséierung, wa gebaut ginn ass.

Mat dësem Projet soll d'Kontinuitéit vun de Bëscher duerch de Bau vun zwou neie Wëldebrécke verbessert ginn. Déi éischt entsteet tëschent dem Gaasperecher Kräiz an der Aire de Berchem, déi zweet tëschent dem Echangeur Diddeleng-Zentrum an der franséischer Grenz op der Héicht vum Därebësch. Donieft ginn och eng ganz Rei Neiuplanzunge laanscht d'Streck virgeholl.

Zu de Kompenséierungsmoossname gehéiert och de Bau vun enger Vëlospist. Dës Pist ass nodréiglech an de Projet integréiert ginn a verleeft westlech vun der Autobunn tëschent der N13 zu Léiweng an dem CR132 bei Peppeng.

Ech kommen zu der Problematik vum Kaméidi, déi generell ronderëm d'Autobunne fir lenger suert, net nëmme laanscht dës Autobunn, mä um ganze Reseau, an dat net zu Onrecht. Kaméidi ass nëamlech net nëmmen desagreabel. Laut der Weltgesundheitsorganisatioun féiert dauerhafte Kaméidi och zu Schlofstéierungen, zu Allergien, Häerzkreeslaferkrankungen, héijem Bluttrock, Kappwéi a villen anere Beschwerden. Et kann een also soen, datt de Kaméidi carrement krank mécht.

Fir d'Situatioun ronderëm d'A3 ze verbessern an d'Awunner besser virum Kaméidi ze schützen, ass eng speziell Lärmschutzetüd an engem Radius vun 2,4 km an op enger Längt vun 12 km laanscht d'Autobunn realiséiert ginn. Op Basis vun där Etüd gesäit dës Projet de loi vir, Lärmschutzwäll mat enger Längt vu 5,3 km, dat ass etwa d'Halschent vun der Autobunns-längt, an enger Fläch vun 20.000 m² laanscht en Deel vun der Streck ze realiséieren.

Här President, fir d'Detailer zu den Aarbechten um Niveau vun der Voirie a vun den Echangeuren, déi zum Deel ganz nei gebaut ginn, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a virun allem op den Document parlementaire 7144. Dëst Dokument enthält net nëmmen eng Hällewull vu Pläng an techneschen Erklärungen, et dokumentéiert och den Oflaf an de Phasage vun den Aarbechten op eng ganz iwwersiichtlech Manéier.

D'Kreditte, déi fir d'Aarbechte gebraucht ginn, lafen iwwert de Fonds des routes a leie bei insgesamt 356 Milliounen Euro. Doran abegraff sinn d'Erneuerung vun Kontroll- an Informatiounssystemen, dem CITA, an eng ganz Rei Moossnamen um Niveau vun der Waasserwirtschaft ronderëm d'Autobunn. Abegraff sinn och sämtlech Kompensatiounsmoossnamen an enger Héicht vun net grad 50 Milliounen Euro.

Dir Dammen an Dir Hären, deposéiert gouf dës Projet de loi de 26. Mee 2017 vum Nohal-

tegteetsminister François Bausch. De 26. September 2017 huet de Statsrot e positiven Avis zum Projet ofginn, huet allerdéngs bemierkt, datt den Ausbau op dräi Spuren op der franséischer Grenz zu engem Enkpass kéint féieren, falls den Ausbau net op der franséischer Säit weidergefouert gëtt. Dozou wäert den Här Minister wahrscheinlech e puer Erklärungen ginn.

D'Nohaltegkeetskommissioun huet sech an zwou Sëtzunge mam Projet befaasst an huet mäi Rapport de 7. Dezember eestëmmeg ugeholl. An deem Kontext wéilt ech de Mataarbechter vun de Ponts et chaussées mat hirem Direkter, dem Här Roland Fox, e grouse Merci ausdrécke fir déi kompetent Presentatioun vum Projet an der zoustänneger Kommissioun. Mat deenen Erklärungen versteet een och als Netingenieur bei esou engem Projet, ëm wat et geet. A wéi ëmmer och e grouse Merci un eis Sekretärin, d'Madamm Rachel Moris.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Ech wéilt lech eng Motioun iwwerreechen, déi vun alle Fraktiounen a politesche Sensibilitäten heibannen ënnerschrifwen ass a véier Verbesserungsversich enthält.

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu d'une part

- la nécessité de garantir une protection optimale de l'environnement humain contre les nuisances sonores causées par le trafic autoroutier;

- la volonté du Gouvernement de réaliser des mesures compensatoires liées à la mise à 2x3 voies de l'autoroute A3 et englobant l'installation de dispositifs antibruit le long de l'autoroute;

- le plan d'action national contre le bruit qui vise à diminuer les nuisances sonores à tous les niveaux et par tous les moyens possibles;

vu d'autre part

- la volonté du Gouvernement de promouvoir le transport en commun y compris le covoiturage;

- la nécessité de favoriser les modes de transport en public par rapport au transport individuel;

- la mise à 2x3 voies de l'autoroute A3 qui est destinée à créer une voie supplémentaire pour le trafic journalier;

invite le Gouvernement à

- examiner le prolongement des dispositifs antibruit en direction de la Croix de Bettembourg et à mettre à disposition les crédits nécessaires en cas de besoin;

- réaliser une étude globale sur les effets positifs qu'une baisse de la vitesse maximale sur des tronçons sensibles du réseau autoroutier pourrait avoir sur les nuisances sonores;

- prévoir de réserver la troisième voie aux autobus, autocars, taxis et au covoiturage pendant les heures de pointe et étudier la faisabilité d'utiliser la bande d'arrêt d'urgence pour le transport public en cas d'embouteillage.

(s.) Josée Lorsché, Gast Gibéryen, Gusty Graas, Roger Negri, David Wagner, Laurent Zeimet.

► **M. Henri Kox**, Président de séance.- Merci.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), rapportrice.- De President huet geännert!

Éischtens invitéiert d'Chamber d'Regierung mat dëser Motioun, d'Verlängerung vum Lärmschutz bis op d'Beetebuurger Kräiz nach eng kéier ze analyséieren, fir de ganze Südoste vu Beetebuerg, wou vill Leit wunnen, an net just en Deel dovun besser virum Kaméidi ze schützen an déi néideg Kreditte, de Fall gesat, dofir zur Verfügung ze stellen.

Zweetens invitéiere mer d'Regierung, generell um ganze Reseau ze analyséieren, awéifern eng Reduktioun vun der maximal erlaabter Vitesse och de Kaméidi ronderëm den Autobunnsreseau géif reduzéieren. Dat gëtt och an anere Länner praktizéiert. An ech denken, et huet e grousst Resultat, virun allem op deene sensibelen Tronçonen bei den Agglomeratiounen.

Den drëtte Punkt: Mir proposéieren der Regierung, déi drëtt Spur, wa se bis gebaut ass, effektiv fir d'Busser, d'Taxien an de Covoiturage ze reservéieren, sou wéi den Här Minister et och schonn an der Nohaltegkeetskommissioun ugedeit huet.

A véiertens proposéiere mir, datt analyséiert gëtt, awéifern d'Pannespur am Fall vu Stau fir den effentlechen Transport kann opgemaach ginn, fir der nohalteger Mobilitéit och hei e Virdeel ze verschafen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hunn ech mäi Rapport schonn ofgeschloss a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun mat engem Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Henri Kox**, Président de séance.- Merci der Rapportrice. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Laurent Zeimet agedroen. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegeen, wie Stroosse baut, zitt Verkéier un.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Mengt Der?

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Dat dierft jo eng Ausso sinn, déi souwuel dem Minister wéi de Kollege vun deene Gréngen net onbekannt ass, well se se dacks zitéiert hunn an der Vergaangenheet. An et ass sécher net vun der Hand ze weisen! Mä eigentlech ass jo och de Sënn vun der Strooss, fir Verkéier unzezéien.

► **Une voix**.- Ouh!?

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Jo, well wie Stroosse baut, deen erméiglecht, datt d'Leit kënne reesen, datt se sech kënne bewegen, an en erméiglecht och eng ekonomesch Entwécklung.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Géif een haut vun der Stad Lëtzebuerg schwätzen, wann net zwou Stroossen, zwou réimesch Stroosse sech douewen um Bock gekräizt hätten an ëm déi Kräizung sech hätt kënne e Maartliewen entwéckelen, e Geschäftsliewen entwéckelen an esou och dann d'Stad sech entwéckelt huet, ënner anerem dann och haut hei um Krautmaart?

An och mam Bau vun den éischten Autobunne konnt eist Land sech ekonomesch entwéckelen. Wéi e Magnéit huet d'Stad Lëtzebuerg Servicer an Aktivitéiten an de leschte Jorzéngten ugezunn. Mä wéi mer wëssen, koume mer mat dem Wuess vun eisen Infrastrukturen net ëmmer no. An ech brauch heibanne kengem e Bild ze molen, wéi et moies an owes op den Autobunnen um Wee an d'Stad oder um Wee aus der Stad eraus wäert ausgesinn. Mir wäerten a kuerzer Zäit jo erëm, déi meescht op alle Fall vun eis, an de Genoss dovunner kommen.

(Interruption)

An déi Entwécklung geet jo nach virun. Wann ee sech ukuckt, wat amgaangen ass, an de Gaasperecher Wäsen ze wuessen, da freet ee sech, wéi dat an nächster, an noer Zukunft soll goen, wéi mer iwwerhaupt nach sollen de Wee an d'Stad fannen.

Eis Autobunne sinn an de Spëttestonne moies an owes iwwerlaascht. A mir sinn de Stau, iwwert dee mer eis opreegen. Och dat ass richtig!

(Interruptions par Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter)

Mä eleng den Ausbau vum effentlechen Transport, Madamm „Lolo“, wäert dës Problem net léisen.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Mesdames! Mesdames!

► **Une voix**.- Mesdames!

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Eng besser Landesplanung, méi Dezentraliséierung an eng Verbesserung vum effentlechen Transport si sécher néideg a kréien och do eis Ënnerstëtzung. Dat ass alles richtig. Mä mir bleiwen awer iwwerzeegt, mir bei der CSV bleiwen op alle Fall iwwerzeegt, datt mer och an den nächste Joren net derlaanscht kommen, eis Stroosseninfrastrukture weider auszubauen an och ze verbessern.

Här President, haut an hei geet et ëm d'A3, ëm d'Diddelenger Autobunn, d'Häerzstéck vun eise Autobunnsreseau. Zanter dem Bau vun dëser Autobunn sinn net nëmmen d'Stad an d'Uertschaften ëm d'Stad an ëm d'Autobunn gewuess, mä och d'Zuel vun deene Leit, déi all Dag, all Dag vun zimlech wäit hier iwwert d'Grenz an d'Land kommen, fir hei ze schaffen, ass ëmmer an d'Luucht gaangen. Tëscht Beetebuerg an Diddeleng hu sech zanter dem Bau vun der A3 an de leschte Jore vill Betriber néiergelooss. Op deem fréiere Site vun dem amerikanesche Militärlager ass den Eurohub entstanden an am leschte Juli huet och d'Plattform CFL Multimodal hir nei Autoroute ferroviaire a Betrib geholl.

Logistik bedeit natierlech zousätzleche Verkéier, méi Camionen an ëmmer méi Camionen. Beim Multimodal gëtt wuel d'Remorque op d'Schinne gesat, mä de Camion muss fir d'Éischt dohinnerkommen oder e kënnt d'Remorque sichen a fiert vun do aus erëm fort.

Wann all déi Camione matzäit sollen op de Site kommen an iwwert d'Autobunn solle kommen an op der Autobunn solle bleiwen, da musse mer d'Autobunn stäerken. A mir mussen den Accès iwwert d'Autobunn an déi Logistikzone